# ripevusch

Zeitung vun der Gemeng Useldeng

RIPPWEILER • IEWERLENG • USELDENG • SCHANDEL

**Mai 2018 - Nr 1/3 vum Joer 2018**



01. Préface
03. Neijoerschfeier 2018
04. Qualité de l'eau potable
06. Qualitéitslabel «Superdreckskëscht»
07. Fir eng propper Gemeng
08. Lieux de mémoire «Wir werden uns nie wiedersehen»
10. Trauerried vum Buergermeeschter Pollo Bodem
12. Evaluatioun vun de Chantieren am Duerf-Kär zu Uselding
15. Extrait au régistre des délibérations, avis au public
19. Grouss Botz
20. Ovation gourmande
25. Kommioun 2018
25. Klibberen 2018 an eiser Gemeng
26. Kierchentour 2018
27. Par « ATERTDALL – Sainte Claire »
28. Eng nei Kierchefabrik fir d'Gemeng Useldeng
29. Barmhärzegkeetsfest a Feier vum Här Paschtouer Mathieu Janssen
31. Visite vum Carlos Gonçalves | Generalversammlungen FAL an Harmonie Useldeng
32. Senioreforum Gemeng Useldeng
34. Kannerfuesbal 2018
35. D'Jugendsektiounen vun der Musek an de Pompjeeën
36. Harmonie Useldeng: Wanterconcert 2017
38. 1. Meefeier 2018 zu Useldeng
39. Wat ass lass am Schlass…?!
40. Chrëschtdag op der Buerg
42. Mëttelalterfest Useldeng 2018
43. Kultur- a Buergfrënn Uselding asbl
44. Tourist Info Atert-Wark
45. FC Jeunesse Useldeng
46. APECU – Eltrenvereenegung vun der Gemeng Useldeng
49. Castle Ride Treff
50. Ännchen Tholl-Feyereisen wurde 90
51. F.C. Vétérans Useldange zeigen Herz
53. Manifestatiounskalenner







Foto Cover: Tom Lehnert
Mise en page: a|part
Impression: imprimerie reka
Tirage: 850 exemplaires

Wann Dir Loscht hutt fir beim „Ripevusch" matzeschaffen oder heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir lech beim Pollo Bodem mellen (bodemp@pt.lu).
Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d'Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu
Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 2/2018 ass den 12.08.2018!

# MAT VOLLEM ELAN OP DE SUMMER ZOU!

*D´Fréijoer ass jo bekanntlech déi Zäit wou alles wiisst a wou geplanzt gëtt, wat spéider soll Friichten droen.*

*D´Erscheinungsbild vun eiser Gemeng mat deenen dräi groussen Kranen am Duerfkär, beim CTU a bei der DEA spigelt eigentlech de Moment och dat Fréijoersgefill erëm an erbréngt de Beweis, dass Villes a Beweegung ass.*

*Jo, déi Responsabel vun eiser Gemeng hunn vill lassgekappt a sinn sech bewosst dass se elo an eng Phas kommen, wou eng gutt Gestioun vun eisen touristeschen Aktiounen a vun neien Aarbechtsplazen den A an den O vum Erfolleg wäert ginn.*

*Duerfir gräifen mir zréck op staatlech ënnerstëtzen Beroder wéi Leit vun Technoport fir neien, méi klengen Start-up Entreprisen eisen Standuert schmackhaft ze maachen an –am touristeschen Beräich- op Leit, déi sech schonns am Mëllerdall mat Ënnerstëtzung vum Ministère mat der Iddi vun Regiohotels een gewëssen Numm gemaach hunn.*

*Mir wäerten déi nächst Zäit notzen, fir do dat Resultat ze erreechen, wat mir eis erhoffen.*

*D´Gemeng an och eis Biergerinnen a Bierger ginn sich vill méi fir eist Erscheinungsbild no baussen nach ze verbesseren an d´Verschéinerung vun eisen Dierfer läit eis grouss um Häerz.*

*Dat kascht vill Aarbecht a verdéngt och de Respekt géinteniwwer dem Personal, déi alles an der Rei halen. Eis Aarbechter sinn wierklech net frou, wann se beim Méinen Plastiksbecheren erwëschen oder Hondsdrecker geroden. Duerfir een waarmen Appell, dass déi extra opgestallten Honds-Këschten sollen profitéiert ginn. Villmools Merci an hirem Numm am viraus!*

*Léif Leit,*
*Am Zäitalter vun der schneller Kommunikatioun gestalten mer eisen Internetsite nei an méi modern; an fir déi vill Manifestatiounen vun eisen Veräiner ze ënnerstëtzen an méi siichtbar ze maachen, wäert an Zukunft eng digital Tafel am Zentrum vun Useldeng dës Veranstaltungen annoncéieren.*

*Um Fussballterrain ass een neien „lieu de rencontre" geplangt, wou d´Biergerinnen a Bierger sich kënnen um Konzept bedeelegen an hir Iddien mat erabréngen.*

*Mir ginn eis all Méi fir den Ufroen vun der Bevëlkerung gerecht ze ginn an hunn och eist Personal am administrativen Beräich em een neien Redakter verstäerkt.*

*An dëser Editioun gesitt der flott Biller an Texter iwwert d´Aktivitéiten an eiser Gemeng an de leschten Méint; leider hunn mer mam Doud vum Éierebuergermeeschter Nic. Anzia och Traureges ze vermellen. Nieft him hunn och nach aner Bekannter an Frënn eis fir ëmmer verlooss. Dat schéngt de Liewenslaf ze sinn, mee deet awer wéi!*

*D´Veräiner hunn mam Syndicat d´Iniative drop gehalen deenen nei gewielten Vertrieder am Schäffen- a Gemengerot eng Ovatioun entgéint ze bréngen; do war d´Formule och mol aneschters gewielt, an och hei sinn flott Biller entstanen.*

*Ech sinn frou dass déi nei Leit am Konsell sech schnell a gutt integréiert hunn an kann bescheinegen, dass se zesummen mat deenen aneren, déi méi Erfarung hunn, am Team eng gutt Aarbecht leeschten.*

*Sou mécht et Spaass an sou steieren mer mat vollem Elan op de Summer zou!*

*Mat schéinen Gréiss.*
*Äre Buergermeeschter*







# NEIJOERSCHFEIER 2018 VUN DER GEMENG

FOTO: CHARLES REISER



**Danke für die faire Zusammenarbeit**

Everlingen, Kulturzentrum: Für die Gemeinde Useldingen, war es am 5. Januar 2018 die 18. Neujahrsfeier, wie Bürgermeister Pollo Bodem eingangs seiner Rede unterstrich und ein solches Zusammenkommen sei nun eben die beste Gelegenheit, allen Mitarbeitern und Kommissionsmitgliedern für ihr Engagement zu danken; schließlich seien sie diejenigen, die das Rückgrat der Gemeinde Useldingen darstellen würden. Der Faktor Zeit spiele seit langem eine wesentliche Rolle in unserer schnelllebigen Gesellschaft, die sich permanent verändere und in der sich das Lebenstempo in den vergangenen 200 Jahren quasi verdoppelt hätte. Der Jahreswechsel brächte mit sich, daß man gemeinsam nach vorne schaue und die Weichen für die Zukunft auch immer wieder neu aufstelle.

In der Tat hätte es auch bei der Wahl vom 8. Oktober in der Gemeinde Useldingen verschiedene Änderungen gegeben. Der neue Gemeinderat bestehe heuer aus einem guten Mix aus sechs erfahrenen und drei neuen Mitgliedern, was mit Sicherheit dazu beitrage eine stabile und innovative Arbeit zu garantieren. Den beiden austretenden Schöffen Gérard Anzia und Raymond Feinen, welche in den vergangenen Jahren eine hervorragende Arbeit leisteten, wurde ein großes Lob und Anerkennung zugesprochen.

Ein spezieller Dank galt auch Marielle Majerus-Goedert, welche während 30 Jahren dem Gemeinderat angehörte und davon während 12 Jahren das Amt als Schöffin bekleidete.
Der Bürgermeister erwähnte, daß mit ihr gemeinsam eine ganze Reihe von großen Projekten in fairer Zusammenarbeit in die Tat umgesetzt werden konnten. Das gleiche galt für Raymond Schmit, der in der vergangenen Legislaturperiode als Ratsmitglied und als guter Berater stets zur Seite stand und als engagierter Vorsitzender der Kulturkommission eine mustergültige Arbeit leistete. Ein angemessenes Geschenk war der Dank für die langjährige Zusammenarbeit und ein gemeinsames Festessen beschloss diese sympathische Feier.

# Distribution d'Eau des Ardennes

B.P. 2 (18, rue de Schandel)
L-8701 USELDANGE

## Qualité de l'eau potable fournie à la commune d'Useldange 2017 zone I

Pour la localité d'Useldange

***Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:***

| | |
|---|---|
| pH : | 8.0 |
| dureté carbonatée : | 6.3 °dH |
| dureté totale : | 10.2 °dH |
| conductivité : | 415 µS/cm |
| sodium : | 6.6 mg/L |
| calcium : | 66.8 mg/L |
| chlorures : | 14.4 mg/L |
| sulfates : | 64.3 mg/L |
| nitrates : | 17.0 mg/L |
| fer : | <20 µg/L |
| TOC : | <1 mg/L |

***Informations sur la dureté carbonatée :***

Selon la législation allemande « Wasch- und Reinigungsmittelgesetz 2007 » la dureté est classée comme « weich ». La DEA ne recommande pas des installations de station de traitement d'eau potable (décalcification).

***Recommandations pour les matériaux de l'installation :***

Selon l'étude du BWL et conforment aux normes DIN50930-6 et EN 12502 :

L'utilisation des pièces en fer galvanisé ou en acier non-allié n'est pas recommandée.
Tous les autres matériaux courants dans l'installation notamment le cuivre, l'alliage cuivreux, l'acier inoxydable et la fonte ductile peuvent être utilisés sans restriction.

***Informations sur chlore libre :***

La DEA effectue une désinfection préventive à base d'hypochlorite de soude. La concentration du chlore libre dépend de la situation locale et démontre une variation importante.

***Informations sur la consommation pour les nourrissons :***

Concernant les nitrates, l'eau fournie par la DEA correspond au RGD (<50 mg/L). Pour les nourrissons (<4 mois) l'ébullition d'eau avant l'usage est toujours recommandée. Il suffit de faire bouillir l'eau quelques secondes et ensuite laisser refroidir.

***Informations supplémentaires :***

Pour des informations supplémentaires, veuillez contacter le service de qualité de la DEA.

Useldange, le 23 novembre 2017
Communiqué par le service de qualité

Distribution d'Eau des Ardennes

B.P. 2 (18, rue de Schandel)
L-8701 USELDANGE

## Qualité de l'eau potable fournie à la commune d'Useldange 2017 zone II

Pour les localités: Erverlange, Rippweiler et Schandel

***Les valeurs moyennes du contrôle de routine sont:***

| | |
|---|---|
| pH : | 7.7 |
| dureté carbonatée : | 10.0 °dH |
| dureté totale : | 13.7 °dH |
| conductivité : | 456 µS/cm |
| sodium : | 7.0 mg/L |
| calcium : | 87.5 mg/L |
| chlorures : | 20.4 mg/L |
| sulfates : | 43.7 mg/L |
| nitrates : | 16.5 mg/L |
| fer : | <20 µg/L |
| TOC : | <1 mg/L |

***Informations sur la dureté carbonatée :***

Selon la législation allemande « Wasch- und Reinigungsmittelgesetz 2007 » la dureté est classée comme « mittel ». La DEA ne recommande pas des installations de station de traitement d'eau potable (décalcification).

***Recommandations pour les matériaux de l'installation :***

Selon l'étude du BWL et conforment aux normes DIN50930-6 et EN 12502 :

L'utilisation des pièces en fer galvanisé ou en acier non-allié n'est pas recommandée.
Tous les autres matériaux courants dans l'installation notamment le cuivre, l'alliage cuivreux, l'acier inoxydable et la fonte ductile peuvent être utilisés sans restriction.

***Informations sur chlore libre :***

La DEA effectue une désinfection préventive à base d'hypochlorite de soude. La concentration du chlore libre dépend de la situation locale et démontre une variation importante.

***Informations sur la consommation pour les nourrissons :***

Concernant les nitrates, l'eau fournie par la DEA correspond au RGD (<50 mg/L). Pour les nourrissons (<4 mois) l'ébullition d'eau avant l'usage est toujours recommandée. Il suffit de faire bouillir l'eau quelques secondes et ensuite laisser refroidir.

***Informations supplémentaires :***

Pour des informations supplémentaires, veuillez contacter le service de qualité de la DEA.

Useldange, le 23 novembre 2017
Communiqué par le service de qualité

# SUPERDRECKSKËSCHT FIR BETRIBER






Eis Gemeng gouf ausgezeechent mam Label „Superdreckskëscht fir Betriber". Dësen Label entsprécht den Fuerderungen vun der DIN EN ISO 14024.

Den Gemengenatelier „Op Weidfeld", den Schoulkomplex souwéi d'Gemengen-haus op der Buerg goufen ënnert d'Lupp geholl, an mir kruten gewisen wéi all Zort vun net-organeschem Offall ze entsuergen ass. Administrativ muss alles genee festgehale ginn fir eng 100% Traçabilitéit ze garantéieren. Eng Sammelplaz gouf am Gemengen-atelier ageriicht fir den Tri vun all Offall ze maachen.

Vum Pabeier iwwert déi eidel Toner-cartouchen an der Gemeng, Faarwen, Batterien, Pech aus der Schoul bis hin zu Frittefett aus der Maison Relais; donieft Ueleg, Seefbidon'en, Plastik a Styropor aus eisem Gemengenatelier. Dëst sinn nëmmen e puer Beispiller wou mir zesummen mam Partner „Superdreckskëscht" fachgerecht entsuergen.

Fir och dem Bierger ee klengen Service méi unzebidden, hunn mir an der Gemeng, respektiv an eiser Schoul eng Sammelplaz fir Batterien aus dem alldeeglechen Haushalt ageriicht.

Sou dréit jiddereen zu enger nohal-teger Offallgestioun bäi, schount déi natierlech Ressourcen an reduzéiert CO2-Emissiounen.

# FIR ENG PROPPER GEMENG

FOTOS/TEXT: THOMAS VÖLKENING

Ich bin oft zu Fuß oder mit dem Mountain-Bike in unserer Gemeinde unterwegs.

Dabei ist mir in letzter Zeit die zunehmende „Vermüllung" unserer Straßen- und Wegränder sehr negativ aufgefallen. Eine Beobachtung, die mir allerdings nicht nur in unserer Gemeinde aufgefallen ist, sondern ein generelles Umweltproblem darstellt.

Ich habe mich dann einmal daran gemacht, bei meinen Spaziergängen einen Müllbeutel mitzunehmen und den Müll, vor allem Dosen und Plastikflaschen, am Wegrand einzusammeln. Das Resultat war erschreckend, was die Fotos zeigen. Vor allem die Straßen mit Durchgangsverkehr sind sehr stark davon betroffen, was die Vermutung nahelegt, dass der Müll vor allem aus fahrenden Autos geworfen wird und in erster Linie nicht von den Bewohnern unserer Gemeinde verursacht wird.

**Was passiert, wenn der Müll einfach liegen bleibt?**
Als erstes Mal ergibt sich ein optisch sehr unschönes Bild, was sicherlich niemand sehen möchte.

Durch Niederschläge werden die im Müll enthaltenen Schadstoffe ins Grundwasser ausgespült.

Auf landwirtschaftlichen Nutzflächen wird der Müll durch die maschinelle Bearbeitung zerkleinert, von Tieren gefressen oder im Boden eingearbeitet und freiwerdende Schadstoffe von den Nutzpflanzen aufgenommen.

Fazit: So oder so gelangen Schadstoffe über Umwege in unsere Nahrungskette.

**Was kann man tun?**
Die Verursacher zur Rechenschaft zu ziehen wird wohl sehr schwierig sein. Trotzdem sollte man

aufmerksam sein und beobachtete Vorfälle melden oder mit den „Tätern", auf frischer Tat ertappt, ins Gespräch kommen.

Das Aufstellen zusätzlicher Mülleimer scheint mir von wenig Erfolg gekrönt zu sein, was das eine Foto ebenfalls anschaulich zeigt.

Der von der Gemeinde alljährlich organisierte „Fréijoersbotz" trägt sicherlich zur Minderung bei, reichtaber wohl bei weitem nicht aus, um das Problem besser in den Griff zu bekommen.

Will man kurzfristig mit einfachen Mitteln die Lage verbessern, dann bleibt wohl nur eins und das ist auch mein abschließender Appell an alle, die sich und unserer Natur etwas Gutes tun möchten:

Nehmen Sie sich eine Mülltüte mit, wenn Sie zu Fuß oder mit dem Fahrrad unterwegs sind, und sammeln Sie den Müll am Wegrand ein. Vielleicht stellt die Gemeinde sogar auf Anfrage auch noch eine Greifzange zur Verfügung, damit sie den Müll nicht mit bloßen Händen einsammeln müssen.

In diesem Sinne, fir eng propper Gemeng,



(Ausgang Schandel Richtung Reimberg auf ca. 200 m eingesammelt)



(Ausgang Schandel Richtung Vichten auf ca. 1Km eingesammelt)

BERTHA ALEXANDER 1874 – 1944

# „WIR WERDEN UNS NIE WIEDERSEHEN“

## ÜBER EINE JÜDIN AUS USELDINGEN, DIE UNTER DER NAZIHERRSCHAFT UMS LEBEN KAM.

USELDANGE LIEUX DE MEMOIRE N°2

TEXT: GEORGES CALTEUX

„Jetzt sind sie da“ so lautete die Mitteilung der Oberin des Karmelitenklosters, gegenüber von meinem Elternhaus in der Böwingerstrasse, wo etwa 30 betagte Menschen ihren Lebensabend verbrachten.
Die deutsche Ordensschwester hatte bei uns geklingelt und meine Mutter mit bewegter Stimme und besorgter Miene davon unterrichtet, dass deutsche Soldaten dabei seien eine jüdische Mitbewohnerin des Klosters abzuführen.

Das sind demnächst 76 Jahre her. Ich war damals sechs Jahre alt. Der kurze und eindrucksvolle Satz „Jetzt sind sie da“ hat mich ein Leben lang nicht losgelassen.

Da ich mich augenblicklich im Rahmen der MEMOSHOAH Recherchen über die Judenverfolgung hierzulande eingebracht habe, möchte ich meine Useldinger Erinnerungen an die nächsten Generationen weitergeben.

Meine Mutter, damals 36 Jahre alt, hatte sich mit einer älteren, deutschsprachigen und im benachbarten Kloster lebenden Dame angefreundet wobei sich herausstellte, dass es sich um eine jüdische Flüchtlingsfrau handelte, die dort Unterschlupf gefunden hatte. Somit hielt die Oberin es für angebracht uns vom unmittelbaren Abtransport der Mitbewohnerin zu unterrichten. Meine Mutter nahm mich bei der Hand und wir schritten über die Straße auf das Klosterhauptportal zu, wo ein mit Holzgas angetriebener LKW stand. Auf uns zu kamen zwei deutsche Uniformierte[1], die eine nach vorne geneigte Greisin unter die Arme griffen und  auf die Ladefläche des Pritschenwagens halb hievten halb warfen. Ein Koffer wurde ihr nachgeworfen. Die alte Dame, noch immer in gebückter Haltung, musste auf einer primitiven Holzbank Platz nehmen. Ihr gegenüber saß schon eine ältere Frau[2], der dasselbe Schicksal beschieden schien. Die taubengrauen Haare, die schwarze, abgetragene Kleidung und der verzweifelte Blick waren mehr als beeindruckend. Sie neigte sich zu uns herunter und reichte uns die Hand mit den Worten: „Wir werden uns nie wieder sehen“. Dann begann der Anlasser des Holzgasautos[3] zu stottern und aus einer senkrecht herausragenden Röhre fauchte eine rußbeladene Rauchwolke in den stillen Morgen hinein. In einem wilden Wirbel verschwanden die grauen Haare im dichten Rauch der Holzgasanlage. Fassungslos sahen wir den Transport, die Kastanienallee entlang, verschwinden.

Als wir uns umdrehten, sahen wir mehrere Ordensschwestern, die alle Deutsche waren, regungslos auf der höher liegenden Terrasse stehen. Sprachlos und wie erstarrt hatten sie das dramatische Geschehen miterlebt. Das Hier und Jetzt hatte sie und uns alle in einen Schockzustand versetzt, der unser Vorstellungsvermögen überstieg. Ein tiefes Gefühl von Mitmenschlichkeit begleitete die älteren Anwesenden auf dem Weg in ihre Häuser zurück. Diese eigenartigen Gefühlswirkungen gingen auch viel später noch aus den geschilderten Wahrnehmungen meiner Mutter hervor. Angst und böse Vorahnungen steckten den unfreiwilligen Zuschauern auf einmal schlagartig in den Knochen. Worte wagte niemand auszusprechen. Als Sechsjähriger hätte ich ja auch kaum die politischen Hintergründe in Bezug auf Rassismus und Judenvertreibung verstehen können, aber eine belastende Gemütsverfassung hatte sich mit einer gefühlsstarken Intensität bei mir eingeschlichen.

„Wir werden uns nie wiedersehen“ ist aus dem Gedächtnis eines Zeugen des zweiten Weltkrieges nicht wegzudenken. Sieben Jahrzehnte lang war die Frage, die eine Kinderseele gezeichnet hatte offen geblieben. Wer war diese, ehrwürdige, liebe und viel Güte ausstrahlende alte Dame? Auf der Liste der deportierten Juden, vom 28 Juli 1942[4] finden wir die Namen der beiden alten Frauen.  In alphabetischer Reihenfolge sind auf dem Papier 156 Namen und Vornamen mit Alter und Wohnort aufgezählt. Unter Useldingen finden wir Bertha Alexander 68 Jahre alt. Unter Redingen, Sara Edelstein, 88 Jahre alt.  Weitere Nachforschungen haben ergeben, dass Bertha Alexander

am 25.7.1874 in Mühlheim, Baden-Württemberg geboren wurde und sehr wahrscheinlich, Ende der dreißiger Jahre nach Luxemburg kam, um sich den Judenverfolgungen zu entziehen. Bertha, geborene Rieser, und ihr Mann Isidor hatten im Jahr 1906 ihren einzigen Sohn Fred im Geburtsregister der Stadt Boppard eintragen lassen. Vieles deutet darauf hin, dass er später nach den USA auswanderte.

Dem Inhalt des Befehles des Einsatzkommandos der Sicherheitspolizei ist zu entnehmen, dass alle zur Deportation aufgerufenen Juden, um 6 Uhr morgens im Zollgebäude, neben dem Hauptbahnhof Luxemburg erscheinen müssten. Später hat SS-Obersturmbannführer Hartmann die Zeit auf 8 Uhr abgeändert. Unser bewegter Abschied von Bertha Alexander dürfte also am 28.7.1942, gegen 7 Uhr morgens, stattgefunden haben.

Auf dem Holzgas-LKW führte die beschwerliche Reise nach dem Bahnhof Luxemburg, wo Juden, aus dem ganzen „Lande" Luxemburg[5] zusammengeführt wurden. Der Zug war von Ulflingen – Fünfbrunnen, wo ältere Juden aufgenommen wurden[6] frühmorgens in Richtung Stadt-Luxemburg los gefahren. Noch am selben Tage, also am Dienstag, dem 28. Juli 1942, setzte der Zug sich, via Dortmund in Richtung Theresienstadt („Altersghetto" Terezin, Tschechei) in Bewegung. Bekannt ist, dass von den 156 Juden, die am 28. Juli 1942 aus Luxemburg deportiert wurden, nur neun überlebten[7]. Der Name Bertha Alexander aus Useldingen ist nicht aufgeführt. Internet „family tree" Information von 2015 berichten über ihren Tod, am 15. Mai 1944 im KZ Auschwitz, wo Lagerkommandant Höss die Massenmorde durch Vergasung vollstrecken ließ. Es sei daran erinnert, dass unser östlicher Nachbar damals in einen rechtsradikalen, nationalsozialistischen Sumpf geraten waren, der 40 Millionen Menschen hinwegraffte, darunter sechs Millionen Juden, und davon mehr als eine Million Kinder.

Diese Zeilen sollen nicht zu einer Gefühlaufwallung gegenüber unseren östlichen Nachbarn führen mit denen wir auch auf Grund dieser Erfahrungen seit 70 Jahren ein friedliches Europa anstreben, aber es sei daran erinnert, dass wir uns stets auf unsere Vergangenheit besinnen sollten, damit Europa nicht wieder von ähnlichen Schicksalsschlägen heimgesucht wird.

Sich erinnern heißt wissen, dass verhängnisvolle Geschichtsereignisse sich wiederholen könnten.


Transport Dortmund X/1 — 30.7.1942

| Lfd. Nr. | Name Vorname | Geb.Dat. u.Ort | Wohnung | Beruf | St.A. |
|---|---|---|---|---|---|
| 801 | Lindemann Viktor I. | [illegible] Königsberg | Herne | | Dr. |
| 802 | Marx [illegible] geb. Kahn | [illegible] Dortmund | " | | |
| 803 | Mendel Isaak I. | [illegible] Coesfeld | Herne, Kampstr. 14 | | |
| 804 | Mendel Karoline geb. [illegible] | 12.10.68 [illegible] | " | Hausfr. | |
| 805 | [illegible] Meta geb. [illegible] | 1.4.76 [illegible] | " | Köchin | |
| 806 | [illegible] Max I. | [illegible] | Herne, Bahnhofstr. 52 | Kaufm. | |
| 807 | [illegible] Paula S. | [illegible] Herne | " | Hausfr. | |
| 808 | [illegible] Rolf S. | 27.11.20 Düsseldorf | Witten | Kraftfahrer | |
| 809 | Bachenheimer [illegible] geb. [illegible] | 17.4.97 [illegible] | [illegible] | Hausfr. | |
| 810 | Bachenheimer Hilde | [illegible] | | ohne | |
| 811 | Bachenheimer Doris | [illegible] | " | " | |
| 812 | Bachenheimer Anneliese | 13.4.27 [illegible] | | " | |
| 813 | Cahen Arthur | 1.2.72 Ettelbrück | Ettelbrück | Kaufmann | |
| 814 | Cahen Ida | [illegible] | Ettelbrück | ohne | |
| 815 | Alexander Bertha | 25.7.74 Mülheim | Useldingen | " | |
| 816 | Blank Ida | 14.12.87 [illegible] | Luxemburg, Mühlenweg | " | |
| 817 | Levy Jakob | 17.11.72 Schieren | Ettelbrück | " | |
| 818 | Levy Pauline | [illegible] Eppelborn | " | " | |
| 819 | Juda Klara | [illegible] Köln | Befort | Landwirtin | |

Der Name Bertha Alexander, eine deutsche Jüdin, die am 28.07.42 aus dem Useldinger Karmelitenkloster abgeführt wurde, erscheint auf dieser Liste, die vor einigen Jahren wieder gefunden wurde.

Informationen zu diesem Artikel haben Monique Dabé, Henri Juda, Claude Marx, Mil Lorang und Bernard Gottlieb geliefert, die ich im Rahmen der MEMOSHOAH / Judeum – Epternacum Kampagne kennen lernte. Ihnen einen großen Dank.- [1] Dass es sich um Polizisten und nicht um Wehrmachtssoldaten handelte geht aus dem Bericht des Obersturmbannführers Hartmann hervor. [2] Groß ist die Wahrscheinlichkeit, dass es Sara Edelstein, 88 Jahre alt aus Redingen war, vielleicht ebenfalls im dortigen Kloster untergebracht. Sie war am 13.10.1853 in Berlin geboren und am 29.10.1942 in Theresienstadt gestorben. [3] Treibstoff für Fahrzeuge war in Kriegszeiten sehr knapp. Holzgasanlagen wurden mit zersplittertem Brennholz befeuert und spendeten eine bescheidene Antriebskraft. [4] Die Liste stammt von Mil Lorang, der zusammen mit Claude Marx alle Namen überprüfte. [5] Luxemburg gehörte im 2. WK zum „Gau Moselland". [6] Autor Wolfgang Schmitt – Koelzer aus Wittlich hat diese Informationen geliefert. [7] Überlebt haben die damals von Luxemburg aus abgeführten Juden: Minna Altmann-Franck, Walter Edelstein, Betty Hirschbein, Bloma Kalinski, Sofie Löwenthahl, Henriette Meyerhoff, Rosa Roer, Bertha Sternschein, Regina Süsskind. [7] Diese Zahlen gelten für Europa, weltweit waren es 60 Millionen Menschen, die im 2. Weltkrieg umkamen.

# TRAUERRIED VUM BUERGERMEESCHTER POLLO BODEM AN DER DOUDEMASS VUM ÉIEREBUERGERMEESCHTER NIC. ANZIA



Léif Familljen, léif Trauergäscht,
Et gëtt am Liewen fir alles eng Zäit, eng Zäit vun der Freed, vun der Rou, vun der Trauer an eng Zäit vun der dankbarer Erënnerung.

An dës Erënnerung un eisen Éierebuergermeeschter an Buergermeeschter vun 1970 bis 1999, den Nic. Anzia soll eigentlech ni an de Vergiess geroden.

Op dësem Buergsamschdeg dem 17. Februar huet d´Gemeng Useldeng een vun sengen Beschten verluer, een Monument, een total engagéierten Veräinsmënsch, een staarken Gewerkschaftler, een gudden Mann a Familljepapp an een douéierten Gemengepolitiker.

Ech hat d´Chance fir 25 Joer laang konnten enk mat him zesummen fir d´Wuel vun eiser Gemeng ze schaffen.

An ech däerf behaapten, dass seng Ausstralung a seng Liewensopfaassung och bei mir seng Spuren hannerlooss huet!

Hien war bei den Biergerinnen a Bierger extrem beléift: duerch seng Jovialitéit, duerch säint ongekünstelt Optrieden, duerch seng Spréch, duerch seng Einfachheet an duerch säin staarken Charakter.

D´Gemeng Useldeng verdankt him vill, ganz vill.

An senger  Amtszäit hunn eis Dierfer sech maassgeeblech zum positiven verännert:

d´Kulturzentren zu lewerleng an zu Useldeng sinn entstanen, d´Atertbett ass begradegt ginn, et gouf een neien Futtballterrain am Schmitzepesch ugeluecht, den Duerfkär ronderëm d´Buerg krut eng nei Nues an  déi schéin Gebaier am Millenhaff mat der Tannerie déi aner Säit vun der Strooss, sinn nach haut d´Visittekaart vun der Gemeng.

Et gouf doduerch och vill Luef an Auszeechnungen wéi „schéint Duerf" vum Service des Sites et Monuments nationaux an den „Europa-Nostrapräis"  vum Conseil de l´Europe.

Duerch den Bebauungsplang vun 1980 krut d´Gemeng dat Instrument wat een gebraucht huet, fir an d´Zukunft ze plangen.

Vill aner méi kleng Realisatiounen kéint ech opzielen, mee dat géif de Kader hei depasséieren.

Léif Trauergäscht,
Den Nic. huet eis Gemeng a verschiddenen Syndikater méi wéi würdeg vertratt; an der DEA wou hien 30 Joer laang Comitésmember war; an der Réidener Museksschoul wou hien och mol  eng Zäit President war, am Kantonalverband vun de Pompjeeën, wou hien laang un der Spëtzt stoung a.s.w.

Him war keng Stonn ze fréi a keng ze spéit; hien war ëmmer fir jiddwereen do.

Och huet hien mol agegraff, wann et huet missten sinn, fir Rou an Uerdnung se behalen, a gouf duerfir och gären vun sengen Frënn den „Sheriff" genannt.

Säin Football louch him um Häerz an do hunn ech hien och fir d'éischten Kéier méi no kennen geléiert.

Mat enger Handvoll Gläichgesënnter huet hien de Veräin héichgehalen, war traureg wann verluer ginn ass £an glécklech wann gewonnen ginn ass- an gefeiert gouf sou oder sou.

Als Spiller, President, Platzwart, Linienrichter, Terrainszeechner, Ballfëscher, beschten Supporter a wat nit nach alles, huet hien sech ervirgedoen an ass ëmmer mam gudden Beispill virausgaangen.

Bei sengen Pompjeeën war hien de Kommandant, de Chef.

Hien war bestriefft ëmmer dat beschten Material unzeschafen, huet drop gehalen, dass seng Leit Formatiounen gemaach hunn, an dass se präsent bei den Übungen waren, – an hien wousst firwat. Et gouf eng Zäit, wou nawell vill Bränn ze läschen waren an un der Schnellegkeet an der Effikassitéit gouf seng Mannschaft gemooss.

Bei  der Amiperas – haut Seniorenforum – war hien de Mann vun der Stonn a gouf och do hiren éischten President.

Och den Scoutsgrupp Sankt Maximilian Kolbe vun de Gemengen Groussbus, Mertzig, Viichten, Useldeng an Préizerdaul huet hien gären ënnerstëtzt.

Den Nic. war een gesellegen Mënsch, hien huet gär Kaart gespillt an virun allem Konter a Matt mam Réi.

Do gouf et mol eng Zäit wou et fir all Gemengerot Flicht war, dëst Spill ze kennen – an natierlech och dertëschent – een ze „péiteren".

Dat war een vun sengen staarken Ausdréck a gären erënneren ech mech un vill anerer. Ech kéint mer virstellen, dass de Lëtzebuerger Dictionnaire duerch deen een oder aneren Sproch vun him, kéint ergänzt ginn.

Léif Leit,
Den Immanuel Kant huet mol gesot:

Ween am Gediechtnes vun sengen Léiwen weiderlieft, deen ass nit dout, neen deen ass nëmmen wäit ewech.

Doud ass nëmmen deen, deen vergiess gëtt.

Eng Perséinlechkeet wéi den Nic. Anzia kann een nit vergiessen.

An a villen Doudesannoncen stinn déi folgend Sätz, déi absolut op eisen Verstuerwenen zoutreffen :

*Wann der u mech denkt, da sidd net traureg.*

*Erzielt léiwer vun mir an traut iech roueg ze laachen.*

*Loosst mir eng Plaz tëschent iech, sou wéi ech eng am Liewen hat.*

Ech denken, mir sollten dat maachen!

An schléissen wéilt ech mat folgenden Wierder vum Philosoph Jean Paul:

*D´Erënnerung ass dat eenzegt Paradäis, aus deem mir nit verdriwwen kënnen ginn.*

Mir verneigen eis eng leschte Kéier an déiwem Respekt!

# WAT ASS LASS UM CHANTIER VUN DER GEMENG AM ZENTRUM VUN USELDENG





.... sech an der Brasserie vum Marc Mathieu a Raoul Risch verwinnen loossen



... an der Suite oder am Familljen-zëmmer iwwernuechten



... a Moies mat engem gudden Kaffi an den Dach starten

Wéi der sécher schonns all gemierkt a gesinn hutt, deet sech eppes um Chantier vun der Gemeng am Zentrum vun Useldeng. Wann et och bëssen méi laang gedauert hat wéi geplangt iert den Chantier am September 2017 konnt ufänken, an de Wanter eis am Planning och nach bëssen hannendran geheit huet, ass den Chantier awer elo lancéiert a mir sinn optimistesch, dat en fir am Fréijoer 2019 komplett ofgeschloss ass.



Lenks op der Foto: Gîte touristique; riets op der Foto: Tannerie, Bannenhaff mat der Terrasse vun der Brasserie

Heibäi handelt et sech net nëmmen em een Projet vun der Gemeng, mee et sinn direkt puer Projeten déi op engem Site vun verschiddenen Bauhären realiséiert ginn, hei nach eng kéier kuerz den Iwwerbléck.

**Projet „Tannerie":**
**Bauhär ass Gemeng**

An dësem Gebai entsteet eng flott Brasserie fir kënnen ee gudden Maufel z'iessen. Ausserdeem entstinn hei zwee méi grouss Zëmmeren „Familljenzëmmer" an eng „Suite" fir kënnen ze iwwernuechten. Am Summer kann een puer gemittlech Stonnen op der Terrasse verbréngen. Ausserdeem gëtt et een gréisseren Sall fir Receptiounen ofzehalen.

Nach kann een et sech net virstellen awer 2019 sollen d'Leit aus der Ëmgéigend an d'Touristen ...

**Projet „Gîte touristique“: Bauhär ass den Syndikat Réidener Kanton**

Um Bord vun der Attert entsteet eent Gebai mat siwen Zëmmeren mat Vue op d' Attert. Dëst Gebai gëtt nach mat Holz agekleet fir sech nach besser an Natur ze integréieren.







**Projet „MushRoom's“: Bauhär ass den Syndikat Réidener Kanton**

Beim Zesummefloss vun der Attert an der Schweebech entstinn hei dréi méi speziell Iwwernuechtungsméiglechkeeten a sougenannten „Champignonen". Des MushRoom's, déi vun Préfalux am Atelier komplett preparéiert gi sinn, kommen op stolen Konstruktiounen stoen a sinn duerno iwwert eng Passerell erreechbar.







**Projet „Al Schoul“: Bauhär ass Gemeng**

Gebai gëtt komplett energetesch sanéiert an et entstinn modern Bürosflächen fir ongeféier 30 Leit déi un verschidden Entreprisen kënnen verlount ginn.






**Projet „Ofwaasserkollekter“: Bauhär ass den Syndikat SIDERO**

Hei gëtt déi 1te Phase vum Schmotzwaasserkollekter vun der „Schweebech" bis op d'Pompelstatioun Fussballsterrain verluecht.





Des Aarbechten sinn oft mat engem gréisseren Opwand verbonnen (op der Foto gesäit een den Gruef an der Strooss virun der aller Schoul wou den Kanal op enger Déift vun +/- 4.5 m verluecht gëtt). Eng performant a propper Ofwaasser-gestioun ass eng vun den Haaptprioritéiten vun eiser Regierung a vun den Gemengen déi sech am Syndikat SIDERO zesummegedoe hunn. Dësen Chantier wäert eis zu Useldeng dann nach eng Zäit laang begleeden bis mer mam Kollekter um Fussballterrain ukomm sinn an déi néideg Pompelstatiounen gebaut sinn.

Merci vun hei aus fir Verständnes vun den Noperen déi den Kaméidi an den Trafic vum Chantier iwwert eng länger Zäit erdroen mussen an Merci all den Awunner fir d'Verständnes wann et mol zu klengen Behënnerungen am Verkéier kéint oder komm ass.







An Zukunft soll den ekologeschen Parking an der Iewerlenger Strooss nach méi genotzt ginn mat all deenen Projeten déi am Zentrum vun Useldeng an der Ëmsetzung sinn. Fir den Parking ze "flecken", gouf dësen vun der Firma Rinnen eng kéier komplett opgekrazzt an nei agewalzt. Wann des Moossnam elo net fir eng länger Zäit sollt halen, mussen mer eis bei der nächster Erneierung Gedanken maachen fir den Belag komplett auszetauschen.

Den FORUM DE L'EMPLOI huet eis den Stee vum Parking bis bei d'Bréck erneiert. An enger 2ter Phase soll dann Bréck an de Rescht vum  Stee och nach erneiert ginn. D'Holz gouf aus eise Bëscher geholl an de Fieschter mat senger Equipe huet et mat hirer neier mobiller See op Moss geschnidden. Him vun hei aus een groussen Merci fir séin Asaz.

Ausserdeem gouf een neien Stee vum Parking Richtung „Honds-terrain" amenagéiert. Heiduerch entstinn elo nei Méiglechkeeten fir des Platz ze valoriséieren.

# EXTRAIT DU REGISTRE AUX DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE LA COMMUNE D'USELDANGE

Séance du Conseil communal
du 26 janvier 2018

## Désignation de 4 membres pour la commission scolaire

| | |
|---|---|
| BACH Claude | Everlange |
| METZ Claude | Rippweiler |
| RECKINGER Guy | Everlange |
| WAGNER Nadine, épouse BOUDLER | Useldange |

## Constitution de la commission d'intégration

| | |
|---|---|
| BOUR Odile, épouse BOUGUENNEC | Schandel |
| DA SILVA Pierre | Useldange |
| DE SOUSA Dominique | Useldange |
| HASLBAUER Julia | Useldange |
| SCHAAF Raoul | Schandel |
| WAGENER-DUPONCHEEL Debora | Useldange |
| WILHELM Michele | Useldange |

## Commission des loyers du canton de Redange

- Assesseur-propriétaire : Mme. MAHOWALD Monique, ép. LANNERS, domiciliée Kapweiler;
- Assesseur-propriétaire suppléant: Dr. MAUSEN Henri, domicilié à Redange/Attert;
- Assesseur-locataire : M. WELTER Teddy, domicilié à Useldange;
- Assesseur-locataire suppléant: M. LEHNERT Tom, domicilié à Useldange.

## Nomination d'un délégué-suppléant pour l'Office régional du Tourisme (ORT)

- M. Pierre DA SILVA d'Useldange

## Nomination de sept membres à désigner par la commune dans l'asbl «Kultur- a Buergfrënn Useldeng»

- MM. ANZIA Gérard,
- BACH Claude,
- DA SILVA Pierre,
- FRANK Christian,
- KLEER Romain,
- WALD Roland.

## Désignation d'un membre principal et d'un membre-suppléant auprès du Groupe Leader Atert-Wark

- M. Christian FRANK d'Useldange: délégué principal ;
- M. Pierre Da Silva d'Useldange : délégué-suppléant.

**Convention entre la commune d'Useldange et la société SOMO USELDANGE, 1, Dikircherstrooss, L-9186 Stegen concernant un projet de lotissement sur des terrains sis à Useldange au lieu-dit , «An Hiesel» et approbation dudit projet.**

**Allocation d'un subside pour la Ligue Médico-sociale pour l'année scolaire 2016/2017: 935.- €**

**Désignation d'un délégué auprès de l'asbl ASIVEMA**

- M. Christian FRANK d'Useldange

Séance du Conseil communal du 30 mars 2018

**HUIS CLOS: Nomination d'un rédacteur pour les besoins du secrétariat communal**

- M. SCHMITZ Jean-Claude domicilié à Mertzig.

**HUIS CLOS: Demande d'avancement dans le grade 13 de la carrière du groupe de traitement A2 de l'ingénieur technicien**

- Monsieur Marc Ferber, ingénieur technicien auprès de la commune d'Useldange.

**Approbation de la convention collective SAS pour le personnel de la maison relais de la commune d'Useldange**

**Approbation de contrats à durée déterminée pour le remplacement occasionnel dans la Maison Relais Useldange: M. Steve BECKERS de Schandel**

**Approbation de la convention Bipartite 2018: Services d'éducation et d'accueil pour enfants**

**Approbation d'actes et de conventions: Contrats SICONA conclus avec les propriétaires suivants:**

- M. SCHROEDER Edy d'Everlange,
- M. DONDELINGER-SCHMITZ Albert d'Ospern,
- M. BARTHELEMY-MAJERUS Emile d'Everlange,
- M. MILLE-LEYDER Robert d'Ospern,
- M. HEMMER Marc de Rippweiler,
- Mme. AUST Anne Marguerite de Redange/Attert.

**Fixation des modalités en vue de l'engagement d'étudiants pendant les vacances d'été**

- Chaque étudiant devra avoir au moins 16 ans et au plus 18 ans accomplis au moment de son engagement.
- Une dérogation d'âge dépassant les 18 ans sera accordée aux étudiants ayant opté pour un emploi à la Maison Relais à Useldange.
- Pendant les vacances d'été les étudiants seront occupés pendant la période du 16.07.2018 jusqu'au 07.09.2018.
- La période d'occupation pour chaque étudiant sera définie en fonction du nombre de candidatures.
- La rémunération se fera selon les dispositions légales en vigueur au moment de l'engagement.
- Les postes seront publiés et la date limite pour l'introduction d'une demande sera le 30 avril 2018.
- Toutes les demandes ayant été présentées avant le 30 mars 2018 resteront valables.

**Attribution du droit à un supplément d'heures de congé politique aux délégués dans les syndicats de communes**

- 2 heures par semaine à M. Gérard ANZIA, conseiller, domicilié à Useldange
- 1 heure par semaine à M. Claude BACH, conseiller, domicilié à Everlange
- 1 heure par semaine à Monsieur Pierre DA SILVA, échevin, domicilié à Useldange
- 1 heure par semaine à M. Christian FRANK, échevin, domicilié à Useldange
- 2 heures par semaine à M. Raoul Schaaf, conseiller, domicilié à Schandel

**Fixation des primes à allouer aux résidents de la commune d'Useldange pour l'acquisition d'appareils électroménagers à haute performance énergétique**

| Appareil | Classe | Prime |
|---|---|---|
| Sèche-linge | A+++ | 100 € |
| Machine à vaisselle | A+++ | 100 € |
| Réfrigérateur, congélateur ou appareil combiné | A+++ | 100 € |
| Machines à laver (linge) | A+++ | 100 € |
| Équilibrage hydraulique y compris pompes de circulation classe A | A | 300 € |

**Approbation d'une modification ponctuelle du projet d'aménagement particulier au lieu-dit «Haff Schweitzer» à Everlange**

## Subsides à diverses associations

| Association | Objet | Montant |
|---|---|---|
| Atert-Lycée Redange | Elteren a Frënn vum Atert-Lycee Réiden | 50 € |
| Swimming Club Redange | 4e édition de sa fête de natation pour la bonne cause le samedi 9 juin 2018 à la piscine du Lycée de Redange de 9:00 à 16:00 heures | 50 € |
| Croix-Rouge | 36e édition du « Colpecher Schlassfest » le 7 et 8 juillet 2018 | 50 € |
| Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | Subside annuel 2018 | 50 € |
| Cercle Apicole Redange/Attert | Subside annuel 2018 | 100 € |
| Commune de Rambrouch | Télévie 2018 | 150 € |

### Règlement temporaire concernant la circulation routière sur le territoire de la commune de Useldange – rue de la Gare

### Introduction d'un règlement taxe concernant l'utilisation du hall sportif à Useldange (Extrait)

Le hall sportif d'Useldange avec ses alentours directs pourra être mis à disposition des particuliers non-résidents, aux associations, clubs, organisations diverses et sociétés commerciales ayant leur siège hors de la commune d'Useldange, moyennant le paiement d'une taxe de 50,00.- € par heure à la recette communale.

Au moment de la réservation, particuliers non-résidents, aux associations, clubs, organisations diverses et sociétés commerciales ayant leur siège hors de la commune d'Useldange devront déposer à la recette communale une caution de 500,00.- €. Cette caution sera entièrement restituée sous condition que les lieux auront été remis en pristin état.

Le hall sportif d'Useldange est mis à la disposition de l'utilisateur 1 jours avant et 1 jours après la manifestation.

### Désignation d'un délégué au comité de l'APECU

Monsieur Claude BACH, conseiller communal, domicilié à Everlange.

# AVIS AU PUBLIC

Conformément à l'article 82 de loi communale modifiée du 13 décembre 1988, il est porté à la connaissance du public qu'en sa séance du 30 mars janvier 2018, le conseil communal a approuvé le projet de modification ponctuelle du plan d'aménagement particulier, concernant des fonds sis à Everlange, commune d'Useldange, au lieu-dit « Haff Schweitzer », présenté par le Collège des Bourgmestre et Échevins pour le compte de la société Home Invest Réalisation s.àrl., projet qui est conforme aux dispositions de l'article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.
Useldange, le 9 avril 2018

---

Il est porté à la connaissance du public qu'en sa séance du 26 janvier 2018, le conseil communal a approuvé le projet de lotissement de terrains « An Hiesel » à Useldange, présenté par la société SOMO Useldange,
1, Dikricherstrooss, L-9186 Stegen.

---

Il est porté à la connaissance du public qu'en sa séance du 15 décembre 2017, le conseil communal a fixé le tarif repas sur roues à 13,30 € par repas à partir du 1er janvier 2018. La délibération en question a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 5 janvier 2018, réf. No.822x260ad.

# EN DAG AN DER NATUR – FRÉIJOERSBOTZ AN DER GEMENG USELDENG

TEXT/FOTOEN: CLAUDE BACH



D'Ëmwelt- Sécherheets- an Feldweekommissioun hat op hir alljäerlech „Grouss Botz" invitéiert déi den 7. Abrëll 2018 an der Gemeng Useldeng statt fonnt huet. Treffpunkt war um 9.30 Auer am Millenhaff zu Useldeng, wou d'Leit an gedeelt goufen, fir an deene 4 Dierfer aus der Gemeng ze botzen. Matt Hëllef vun den Pompjeeën sinn Leit op déi verschidden Platzen gefouert ginn, an duerfir hinnen och een groussen Merci. Et ass vill Dreck zesummen komm, wéi Pneuen, Vëlos-Kader, Béchsen an Fläschen.

Fir den Ofschloss ze maachen hat d'Gemeng Useldeng all d'Bierger déi matgemaach hunn, nach op eng Spaghetti invitéiert.





# OVATION GOURMANDE DEN 21. ABRËLL

## FIR DÉI NEI MEMBERE VUM GEMENGEROT




Hei e puer Andreck vun dësem flotten Dag organiséiert vum Syndicat d'Initiative, mat der Ënnerstezung vun der Harmonie Useldeng an de Pompjeeën aus der Gemeng Useldeng!

Am Kader vun dëser Ovation gourmande huet d'Redaktioun vum Ripevusch en Interview gemeet mat deene 3 nei gewielten Memberen aus dem Gemengerot; ugefaangen mam Pierre da Silva, duerno de Christian Frank an zu gudder lescht de Claude Rieff.




JUPITER















Redaktioun-Ripevusch:
Här da Silva, Wat ass/war ären Haapt-Beweeggrond fir an d'Gemenge-Politik ze goen?

Pierre da Silva: Schonn säit längerer Zäit, maachen ech mir Gedanken iwwert eis Kanner an déi Welt déi mir hinnen hannerloossen. Ech ënnerscheeden net no Hierkonft, Nationalitéit, Relioun, Handicap, Geschlecht oder sexuell Orientéierung, mee gesinn trotzdeem déi lëscht Joren eng grouss Ongerechtegkeet op all deenen Niveau'en hei am Land, an dat reegt mech fierchterlech op. Et war eng Kéier owes, wéi mir Invitée'en doheem haten, wou ech mech alt erëm opgereegt hunn iwwert d'Politik, an d'Léit ronderëm den Dësch gesot hunn: „Pé, am Platz dech hei opzereegen, lancéier dech an d'Politik, dat leit dir am Blutt". Dat hunn ech dunn och gemaach, a mech an de lëschte Gemengewahlen ageschriwwen, an Dank iech, hunn ech haut d'Méiglechkeet eppes ze bewierken. Merci !

Redaktioun-Ripevusch:
Wat sinn är Visiounen déi Dir an de kommenden 6 Joren wëllt realiséieren?

Pierre da Silva: Ech sinn an d'Wahlen gaangen mat verschidden, a mengen Aen wichteg, Prioritéiten fir eis Useldenger Gemeng. D'Bierger sollen d'Méiglechkeet kréien fir mat kennen ze schwätzen, a mat ze entscheede. Si sollen d'Recht hun méiglechst fréi a reegelméisseg a mat voller Transparenz iwwert d'Gemenge-Politik an hier Aarbecht informéiert ze ginn.

Eist Gemeng soll weiderhin méi kanner, jugend- a familljefrëndlech gestallt ginn. Mir hunn eis schonns verschiddenen Projeten ugeholl, déi zesummen mat den Elteren an hier Kanner realiséiert sollen ginn.

Als Gemeng, mussen mir eis ee neit, wéi och modernt Verkéiers-Reglement ginn; dëst fir méi Sécherheet a méi Verkéiersberouegung an eise Dierfer ze garantéieren.

All eis lokal Veräiner, Associatiounen a Commercen sollen a mussen weiderhin ënnerstëtzt ginn, well Si sinn eis lokal Draifkraaft, déi eist Duerfliewen opfrëschen.

Des Weideren sinn ech fir d'Schafen an d'Erhale vun eisen ëffentleche Plazen an Infrastrukturen, wou d'Awunner, wéi och d'Touristen sech am Alldag begéine kënnen. De leschte Schäffen a Gemengerot hat an dem Beräich vill Projeten votéiert, déi mir als nei Gewielten geierft hunn, a wou et elo drëms geet dat ganzt a Musek ëmzewandelen a Neel mat Käpp ze maachen, wéi z.B. de Projet „Aal Schoul" den sech als riesen Erausfuerderung erweist. Mir hunn an wäerten och weiderhin eis massiv investéieren fir dat de neien Campus Touristique den Useldenger Duerfkär positiv beaflosst. Useldeng soll am Westen eng incontournabel Gemeng ginn, mee net à n'importe quel prix. Déi getraffen Entscheedunge vun haut, sollen net op d'Käschte vun de nächste Generatiounen, eise Kanner a Kandskanner, goen.

Redaktioun-Ripevusch:
Wat sinn är positiv resp. negative Erfarungen (Andréck) déi Dir bis elo an ärer Amtszäit (ca. 6 Méint) gemaach hutt?

Pierre da Silva: Wann ech éierlech sinn, fale mir momentan kéng negativ an. Eng ganz positiv, war trotz Demarrage-Stress, vill Aarbecht an enorme Erausfuerderungen, d'Zesummenaarbecht mam ganzen Gemengepersonal. Déi hunn eis nämlech vun Ufank un voll a ganz ënnerstëtzt, an eis den néidegen Support ginn, fir eis alldeeglech Tâchen kënnen ze bewältegen, an dofir vun dëser Platz e ganz grousse Merci un all Eenzelen vun hinnen. Eng aner flott Erfarung ass déi, ganz no beim Bierger ze sinn, an mat hinnen zesummen ze schwätzen an esou mat eraus ze fannen, wat hier Doleancen sinn. Eng aner ganz léif Erfarung hunn ech virun 3 Wochen erlieft, wou Kanner vun 14 Joer mir hier Doleancen op Pabeier per Hand geschriwwen, iwwerreecht hunn. Ech hunn dëst ganz sérieux geholl, an hunn wëlles d'Kanner an nächster Zukunft an de Schäfferot ze invitéieren, fir mat hinnen een Austausch ze maachen.

Redaktioun-Ripevusch:
Här Frank, Wat ass/war ären Haapt-Beweeggrond fir an d'Gemenge-Politik ze goen?

Christian Frank: Mir liewen haut an enger Zäit wou d'Leit zimlech mat allem onzefridde sinn. Et bréngt awer näischt sech iwwer alles opzereegen, schlecht ze maachen a selwer awer keng Iddi ze hunn fir et besser ze maachen. Mat mengem Engagement hei an der Gemeng gesinn ech d'Chance selwer eppes ze veränneren a matzegestalten. Deen anere Grond ass méi perséinlecher Natur. Ech wollt meng Komfortzone déi ech mer wärend deene leschte 2 Joerzéngten opgebaut hunn verloossen, a mech enger neier Erausfuerderung stellen.

Redaktioun-Ripevusch:
Wat sinn är Visiounen déi Dir an de kommenden 6 Joren wëllt realiséieren?

Christian Frank: Do muss ee wëssen dat schonn vum leschte Schäffen a Gemengerot vill Projeten ugedréint goufen déi et elo gëllt ofzeschléissen. an op den richtegen Wee ze bréngen. Ech schwätzen do vum Projet „Al Schoul" wou d'Erausfuerderung déi ass, dat Gebai mat Liewen ze fëllen d.h nei Firmen op Useldeng ze kréien. Eisen Gîte

Touristique wou mer Enn dës Jores déi éischt Iwwernuechtungen wëlle verbuchen. Déi ablécklech Verkéiers-situatioun muss a wäert sech verbesseren. Useldeng gëtt méi kannerfrëndlech. Och Useldeng wäert wuessen, dat ass net opze-halen. Mee et gëtt ee kontrolléierte Wuesstem sou dat och a 6 Joer d'Leit an enger lieweger Gemeng wunnen, déi hiren Awunner dat kann bidden wat se sech vun hirer Gemeng erwaarden.

Redaktioun-Ripevusch:
Wat sinn är positiv resp. negative Erfarungen (Andréck) déi Dir bis elo an ärer Amtszäit (ca. 6 Méint) gemaach hutt?

Christian Frank: Am Moment iwwer-weien kloer déi positiv. Eng vun deenen positiven Erfarungen ass d'Zesummenaarbecht mam Gemen-gepersonal. Och d'Arbecht mat den Kollegen aus dem Schäfferot ass fir mech eng positiv Erfarung. Wat dat negatiivt betrëfft hunn ech schonn fréi bemierkt, dat een et net jidder-engem kann gerecht maachen.

Redaktioun-Ripevusch:
Här Rieff, Wat ass/war ären Haapt-Beweeggrond fir an d'Gemenge-Politik ze goen?

Claude Rieff: Mäin Haapt-Beweg-grond war, dass ech mech mei am Gemengeliewen wollt abrengen an, well ech epes un der Politik an eiser Gemeng wollt änneren.

Redaktioun-Ripevusch:
Wat sinn är Visiounen déi Dir an de kommenden 6 Joren wëllt realiséieren?

Claude Rieff: Meng Haaptvisioun fir déi nächst 6 Joer ass u sech, d'Liewensqualitéit an der Gemeng en bëssen opzefrëschen, d.h. eis Gemeng méi attraktiv fir eis jonk, an net méi grad sou jonk Awunner ze maachen!

Redaktioun-Ripevusch:
Wat sinn är positiv resp. negative Erfarungen (Andréck) déi Dir bis elo an ärer Amtszäit (ca. 6 Méint) gemaach hutt?

Claude Rieff: Fir meng negativ Erfarungen elo hei opzezielen, gëtt u sech en bëssen schwiereg, well ech sou direkt bis haut nach keng gemaach hunn.

Bei deenen positiven ass et awer definitiv net esou. An der Zäit an der ech bis elo am Gemengerot sinn, hunn ech scho vill nei Saachen gesinn, nei Leit kennegeléiert an och mol gesinn wéi vill Aarbecht an der Leedung vun enger Gemeng stécht.

# KOMMIOUN 2018 AN DER GEMENG USELDENG

FOTO: CHAREL REISER

Sonndes, den 15. Abräll hunn 27 Kanner aus de Gemengen Grouss-bus, Bekrich, Useldeng a Viichten hir éischt Kommunioun vum Här Paschtouer Mathieu Janssen an der Parkierch vun Useldeng empfaangen.



# KLIBBEREN 2018 AN DE 4 DIERFER VUN DER GEMENG USELDENG

Ouschterzäit ass fir eis Kanner och Klibberzäit. Dat gouf wéi all Joer erëm garantéiert. Wëll et nach zum Deel an d'Schoulzäit gefall ass, war et bëssi méi stresseg wéi soss. Souguer Karfreideg Moies ier d'Kanner op de Schoulbus gaange sinn, waren si schonn um Dill.











# KIERCHENTOUR 2018

Op Invitatioun vun der Kierchefabrik vun Iewerleng an der ErwuesseBildung hate sech Enn Februar vill Leit an der Iewerlenger Kierch afonnt fir den Ufank vum Kierchentour 2018.

Un Hand vun enger Photopräsentatioun huet d'Jeanny Frank-Schroeder d'Leit matgeholl op een Tour duerch d'Geschicht vun der Iewerlenger Kierch an d'Entstoue vun der Par.

Am Ufank vum 18 Jhd. leeën d'Häeren aus dem Iewerlenger Schlass mam Bau vun enger Grafkapell de Grondsteen fir d'Entstoue vun eiser Kierch. Duerch en éischten Ausbau gëtt dëss Kapell 1769 dunn déi nei Duerfkierch a kritt gutt 80 Joer méi spéit duerch eng zweet Vergréisserung déi heiteg Form.

Bal 250 Joer Iewerlenger Kierchegeschicht hun déi eng oder aner Geschicht hiergin fir de Nolauschterer d'Liewen an d'Entwécklung hei am Duerf Revue passéieren ze loossen.

De Carlo Philippe geet méi am Detail an op d'Bedeitung vun den Hellegen fir eis Zäit an d'Bedeitung vum Hl. Sebastian an der Iewerlenger Kierch, deem säint Bild um schwaarze Säitenaltor duergestallt ass.

De musikalischen Deel gëtt vun der Chorale aus der Gemeng Useldeng präsentéiert.

Zum Ofschloss vun dëssem interessante Nomëtteg seet d'Laure Simon vun der ErwuesseBildung alle Bedeeligten an Nolauschterer een häerzleche Merci.





D'Iewerlenger Kierch 2018



2018






1967



schwaarze Säitenaltor



1950

# PAR ATERTDALL – SAINTE CLAIRE

**PARBÜRO:**
9, rue principale, L-8540 OSPERN, Tel.: 23 62 10 53
E-MAIL: atertdall@cathol.lu, CCRALULL LU86 0099 7801 0347 9408
Site: https://www.cathol.lu/ → Rubrik: „Paren / paroisses“

| | |
|---|---|
| **PERMANENCES:** | Daschdig – Freidig / mardi – vendredi: 9:00 – 11:00 Auer/h<br>De Parbüro ass méindes zou. / Le bureau paroissial est fermé le lundi. |
| **CATÉCHÈSE:** | Daschdig / mardi: 9:00 – 11:00 Auer/h : Katechet / catéchète Carlo PHILIPPE |
| **URGENCES/NOUTFALL:** | Tel: 621 686 102 |
| **MASSBESTELLUNGEN** | **All MASSBESTELLUNGEN nëmmen nach iwwer Tel. 23 62 10 53**<br>Merci ! 1 Mass = 20€ |

## FESTER & FEIEREN

Samedi, 19 mai à 18.30 h à Useldange: Messe en l'honneur de NOTRE DAME DE FATIMA

Päischtsonndeg, 20. Mee zu Randschelt: Fest vum Hl. WILLIBRORD
um 16.00 Auer Prëssessioun op Meenung vun de Pilger, uschléissend Festmass am Häerepësch
Päischtméindeg, 21. Mee um 10.00 Auer zu Reimberg (Préizerdaul) bei der Rochuskapell:
Fest vum Hl. Rochus, Patréiner vun de Mëller & Bäcker
Päischtdënschdeg, 22. Mee zu Iechternach: Sprangprëssessioun – Procession dansante
Samschdeg, 26. Mee um 18.30 Auer zu Schandel: Fest vun der Hl. Dräifaltegkeet, Kiermesmass
Samschdeg, 2. Juni um 18.30 Auer zu Iewerleng: Festmass an uschléissend Härläichenprëssessioun
& Kannergottesdingscht an der aaler Schoul
Samschdeg, 16. Juni um 18.30 Auer zu Iewerleng: Virowendmass
Freideg, 22. Juni um 19.00 Auer zu Useldeng: TE DEUM fir den Nationalfeierdag
Sonndeg, 24. Juni um 11.00 Auer zu Useldeng: Houmass
Samschdeg, 30. Juni um 18.30 Auer zu Rippweiler: Virowendmass
Sonndeg, 8. Juli um 11.00 Auer zu Useldeng: Fest vum Hl. Donatus, Houmass
Samschdeg, 14. Juli um 18.30 Auer zu Useldeng: Festmass am Kader vun der Kiermes
Sonndeg, 22. Juli um 10.00 Auer zu Schandel: Houmass zu Éier vum Hl. Christophorus am Fräien
op der Kiercheplaatz; no der Mass ginn all Gefierer geseent, duerno Duerffest.
Mëttwoch, 15. August um 20.15 Auer bei der Grotte zu Rippweiler: Fest MARIAE HIMMELFAHRT Festmass mat Seenen vum Krautwësch. No der Mass, Liichterprëssioun an d'Kierch wou de sakramentale Segen erdeelt gëtt, duerno get beim Festsall gegrillt.

## KATECHES – CATÉCHÈSE

**Wichtig Informatioun – Information importante**

Kanner ab CYCLE 1.1 (Schouljoer 2018/19) mussen fir d'Kateches ugemeld gin.
Sie brauchen 3 Joer Kateches fir zur Kommioun zougelooss ze gin. Umeldungen gin ugehol vum 2.5. bis 30.6. beim Katechet Carlo PHILIPPE am Parbüro zu Osper.
Les enfants du CYCLE 1.1 doivent être inscrits au cours de catéchèse. 3 années de catéchèse sont obligatoires pour l'admission à la première communion.
Les inscriptions pourront se faire à partir du 2.5. au 30.6.2018 auprès du catéchète Carlo PHILIPPE au bureau paroissial à Ospern.

**UMELDUNGEN: E Begriefnis, eng Hochzäit, e Kanddaf mussen am Parbüro zu Osper ugemeld gin Tel: 23 62 10 53!**

# ENG NEI KIERCHEFABRIK FIR D'GEMENG USELDENG

Laut dem Gesetz dat viru gutt 2 Méint an der Chamber gestëmmt gouf, sinn d'Kierchefabriken den 30. Abrëll opgeléist an duerch eng eenzeg nei Kierchefabrik pro Gemeng ersat gin.

Och an der Gemeng Useldeng gëtt et deemno nach just eng Kierchefabrik.

An der Réunioun vum 15. März 2018 mam Curé Modérateur Félix Steichen zu Osper sin d'Posten vun dësser neier Kierchefabrik folgendermoossen proposéiert an ugeholl gin:

- Präsident: Fernand Even, Iewerleng
- Sekretär: Claude Metz, Rippweiler
- Kessier: Jeanny Frank-Schroeder, Iewerleng
- Memberen:
  Fisch Nicolas, Rippweiler
  Anni Linster, Useldeng
  Marthe Boudler, Useldeng
  Raoul Schaaf, Schandel
  Pit Beckers, Schandel
  Emile Barthélemy, Iewerleng

Desweideren gouf d'Jeanny Frank-Schroeder als Vertrieder vun eiser Kierchefabrik an de Conseil de Gestion Paroissial (CGP) vun der Par Aterdaul Ste Claire ernannt.

Déi nei Kierchefabrik vun eiser Gemeng fontionnéiert ab dem 1. Mee a bekëmmert sech och weiderhinn ëm:

- den Affer (ziehlen an op de Kont setzen);
- Vertriede vun eisem Kierchegebai no baussen;
- den Ënnerhalt vun der Kierch (Reparaturen, Botzen, Ënnerhalt vun de Kielecher, Blummen... );
- d'Uschafe vum Material fir de Culte (Käerzen, Hostien, Masswäin, Kleeder... );
- den Inventaire deen all Joers opgestallt oder „à jour" gehal muss gin;
- Bezuehlen vun de gängegen Affären;
- d'Schied oder d'Reparaturen un de Kierchen déi dem CGP gemellt gin.

D'Kierchefabriken gi vum „Conseil d'administration" vum neie Fong fir all dëss Aufgaben delegéiert.

Als Haaptakteur um Niveau vun däer neier Par Aterdaul Ste Claire fonktionnéiert ee Verméigeverwaltungsrot, de „Conseil de gestion paroissial" (CGP). Hie besteet aus mindestens siwwe Memberen, an zwar:

- 1-2 Delegéiert(en) pro Kierchefabrik aus all Gemeng;
- Et kann een op kompetent Leit vu baussen zréckgräifen, wa se am Gremium gebraucht ginn;
- 2 Membres de droit: de Curé-modérateur vun der Par an de Präsident vum „Conseil Pastoral Paroissial" (CPP), de sougenannte Parrot.

Dësse Verméigeverwaltungsrot vun der Par ass d'Haaptinstanz, huet ee Mandat vun 3 Joer, d'Posten ginn all Joers nei verdeelt. An zwar setzt hie sech esou zesummen:

- Präsident
- Sekretär
- Gestionnaire Financier (ee Spezialist fir d'Finanzen vun der Par)
- Gestionnaire Immobilier (ee Spezialist fir d'Immobilien vun der Par)
- X delegéiert Memberen aus den eenzelne Kierchefabriken vun de Gemengen aus der Par (et kënnen och aus enger anerer Sproochegemeinschaft aus der Par Leit cooptéiert ginn)
- Curé-Modérateur;
- President vum Pastoralrot;

D'Aufgaben vum „CGP" sinn haaptsächlech:

- Budget opstellen an oppassen, dass en agehaale gëtt;
- duerfir suergen, dass fir d'Pastoral alles do ass;
- iwwerwaachen, dass d'Direktive vum Bistum agehaale ginn (z.B. Masstarifer, Stëftungen, ... );
- oppassen, dass Donën un déi eenzel Kierchen och duerfir gebraucht ginn (fonds dédiés);
- Gestioun vun de „Salariés", déi an der Par ugestallt sinn (Kontrakter, ... );
- Immobilien verwalten (Appartementer, Stécker, Haiser, ... ) awer esou, dass se och eppes erabréngen (nët einfach leie loossen);
- de reliéise Mobilier geréieren;
- d'Inventarlëschten vun de Kierchefabriken geréieren an all Joers asammelen.

Interessente fir an de neie Kiercherot kënne sech nach gäre bei engem vun eise Membere mellen.

Fernand Even, Präsident

# RIED VUM BUERGERMESCHTER POLLO BODEM AM KADER VUN DER FEIER VUM HÄR PASCHTOUER MATHIEU JANSSEN FIR SENG PRÄSENZ VUN 30 JOER AN EISER GEMENG.

Den Här Mathieu Janssen ass also elo schonns 30 Joer am Déngscht vun der Par Useldeng an zënter 33 Joer betreit hien och d'Par Iewerleng.

Ganz Villes huet sech an der Tëschenzäit geännert, am Beräich vun der Gemeng an och am Beräich vun der Kierch.

D´Paren sinn reorganiséiert ginn an d´Kiercheréit reforméiert.

D´Kierch steet souwisou virun enger Erneierung an enger grousser Erausfuerderung.





Ëmsou méi wichteg ass et duerfir een Paschtouer ze hunn, deen d´Wäitsiicht behält an deen mat sengem Charisma a senger Intelligenz d´Rudder fest an der Hand huet.

Et war een absoluten Glécksfall dass deemools den Här Janssen an d'Gemeng Useldeng koum; an enger Zäit wou d´Lëtzebuerger Kierch de Geeschtlechen aus aneren Länner iergendwéi nach méi skeptesch géigeniwwer stoung.

Dat war deemools net sou einfach an do waren munch Froen, déi opstoungen, ënner anerem och déi vun finanzieller Natur.

Den Mathieu, wéi ech hien entretemps däerf nennen, huet Charaktereegenschaften, déi gepräägt sinn vun dem lateinischen Verb servire, also déngenan dat schéngt him ugebuer ze sinn!

Seng aner grouss Eegenschaft ass déi, dass hien wëllt matginn an net alles fir sech wëll behalen.

- *Donnons un peu de nous même* - ass eng vu sengen Devisen.

Hien ass do fir seng Communauté religieuse, mee virun allem ass hien do fir d'Awunner aus der Gemeng.

Hie setzt sich an fir jiddereen, selbstverständlech och fir di Mannerbemëttelt an säin Engagement am Congo verdéngt schonns méi wéi groussen Respekt.

Onkompliziéiert, mat engem gewëssen Charme, no beim Bierger, mécht hien keen Ënnerscheed tëschent deenen, déi an d'Kierch ginn an deenen déi aner Prioritéiten gesat hunn.



De Mathieu ass héich intelligent, hien huet ee groussen Savoir-Vivre, hien versicht net unzëecken, an hien besëtzt ee groussen Don fir op d'Leit duerzegoen.

Hien ass also een vun der oppener Generatioun vun der Kierch an sou ass et méi einfach Meenungsdifferenzen, – wann et der da sollen mol ginn –, auszebiggelen an op een dénominateur commun ze bréngen.

D'Relatioun tëschent der Kierch an dëser Gemeng ass eng gutt, kee schwätzt deem Aneren dran, – wat jo normal ass – an, mir sinn dacks zesummen.

Nit ëmmer héichoffiziell, mee bei de Veräiner, de Generalversammlungen a bei aner Manifestatiounen.

Dat gëtt eis d'Geleeënheet zesummen ze diskutéieren an di verschiddenen „Point de vu'en" duerzeleeë.

Sou mécht et Freed a sou kënnt och eppes derbäi eraus.

De Mathieu sicht de Kontakt, seet näischt Oniwwerluechtes an weess ze argumentéieren.

Wat hien da seet, huet Kapp a Fouss a kee Wonner also, dass hien d'Sympathien vun allen Awunner genéisst.

D´Geheimnis vun senger Beléiftheet läit och wahrscheinlech doranner, dass hien versicht den Standpunkt vun deenen Aneren ze verstoen.

Wann déi nei gegrënnten ASBL d´Kierch am Duerf dës Feierlechkeet organiséiert huet, da wëssen se, dass se dësem Mann mussen Merci soen.

Och d´Gemeng schléisst sich do gären un.

Merci fir säin Asaz an Devouement am Déngscht vun der Kierch, der Gemeng, bref der ganzer Gemeinschaft.

Duerch seng Opgeschlossenheet a säint joviaalt Wiesen ass hien eng grouss Beräicherung fir eis Gemeng ginn.

Mir hoffen duerfir hien nach laang, bei gudder Gesondheet, bei eis ze hunn.

Dem Organisateur an de Veräiner soen ech een groussen Merci fir d'Organisatioun an d'Participatioun un dësem schéinen Dag.

D'Iddie fir de Mannerbemëttelten am Congo duerch de schéine Projet Espoir – „Un jardin pour tous" – ze hëllefen ass excellent.

Dës Initiativ gëtt gären bei extra Geleeënheeten an eiser Gemeng ënnerstëtzt, an dat ass och gutt esou!

*Chers amis, chers membres de la famille,*

*Nous venons d'honorer Monsieur l'abbé Mathieu Janssen pour ses 30 ans de service dans la communauté religieuse d'Useldange.*

*Sachez, que nous voyons en lui un personnage très intelligent, d'une grande ouverture d'esprit, toujours prêt à servir et avec un charisme exceptionnel.*

*Il a bien mérité de notre commune et nous le remercions de tout cœur pour ses services rendus.*

*Une fois de plus avec son initiative-Espoir – « Un jardin pour tous » pour le soutien des plus démunis du Congo, il nous démontre comment faire évoluer l'esprit et de nous rappeler que nous ne sommes pas les seuls sur cette planète.*

*En guise de reconnaissance, le Conseil communal a tenu vouloir honorer Monsieur l´abbé Janssen à travers cette petite réception et en offrant à la Communauté ici présente, le verre de l´amitié.*

*Au nom du Conseil communal, je souhaite à notre ami Mathieu encore une longue vie, une bonne santé et à vous tous une agréable journée !*

*Merci pour votre votre attention*

# VISITE VUM CARLOS GONÇALVES

Visite de Carlos Gonçalves, député (social-démocrate, PSD) des portugais de l'étranger pour la circonscription Europe, au Château d'Useldange en date du 27 janvier 2018.



M. Pierre da Silva remercie M. Gonçalves pour sa visite en lui remettant une copie de la bande dessinée « Le Trésor d'Useldange ».

# GENERALVERSAMMLUNG VUN DER FAL







Assemblée Générale Ordinaire de la Fédération Aéronautique Luxembourgeoise (FAL) au Centre Culturel d'Useldange le 24 mars 2018 en présence de M. le Ministre François Bausch.

# HARMONIE USELDENG ASBL GENERALVERSAMMLUNG 2018

TEXT: KARIN PICK





Zu der diesjährigen Generalversammlung am 27. Januar 2018 konnten Präsident Georges Boudler und seine Vorstandskollegen die Mitglieder der Useldinger Musikgesellschaft sowie zahlreiche Ehrengäste im Kulturzentrum in Useldingen begrüßen.

Georges Boudler zeigte sich erfreut über die zahlreichen und qualitativ exzellenten Konzerte die die Musikgesellschaft im vergangenen Jahr ihrem Publikum präsentieren konnte sowie auch über die gute Kameradschaft / Freundschaft die zwischen den Mitgliedern der Musikgesellschaft bestehe.  Dies sei der Sockel auf dem der Erfolg des Vereins auch weiterhin aufgebaut werden soll.  Die 8 Musikanten die dem Verein im letzten Jahr beigetreten sind, würden sich sehr wohl in ihrem neuen Verein fühlen und wären sicherlich eine Bereicherung für die ganze Musikgesellschaft.

Nach dieser Begrüßung gab Präsident Boudler das Wort an die Sekretärin Karin Pick weiter, welche die Anwesenheit der Mitglieder der Gesellschaft durch Aufruf kontrollierte und danach einen Rückblick vom vergangenen Jahr und einen Ausblick auf das Jahr 2018 vorstellte.

Anschließend wurde durch den Schatzmeister Roland Wald genau aufgelistet, welche Ausgaben und Einnahmen die Gesellschaft für das Jahr 2017 verzeichnen konnte. Insgesamt kann die Gesellschaft sehr gesunde Finanzen aufweisen. Der Kassenrevisor Roger Jacoby bestätigte, dass bei der Überprüfung der Konten der Musikgesellschaft nichts zu beanstanden gewesen sei und bescheinigte dem Kassenwart eine korrekte und detaillierte Buchführung.

Dirigent Paul Fox lobte seine Musikanten für Ihren tollen Einsatz während dem vergangenen Jahr und zeigte sich sehr zufrieden mit den Leistungen während den letzten Konzerten – obwohl er doch einen noch besseren Probebesuch ermahnte.

Dieses Jahr bekam die Musikgesellschaft vom früheren Dirigenten Roger Meis 2 Musik-Partituren überreicht: „Nation Branding" und „Echos de l'Attert" – diese beiden „Märsche" werden auf dem „Ofschlossconcert 2018" am Freitag den 13. Juli 2018 im Burghof in Useldingen aufgeführt werden.

Zum Abschluss beglückwünschte Bürgermeister Pollo Bodem noch die Musikanten für die zahlreichen musikalischen Aktivitäten des vergangenen Jahres innerhalb der Gemeinde Useldingen und bescheinigte dem Vorstand eine exzellente Führung des Vereins.

# SENIOREFORUM GEMENG USELDENG

## SIÈGE SOCIAL: 1, RUE DE LA GARE, L-8705 USELDANGE

**Année 2018**
**Composition du conseil d'administration**

Président – gestion générale
SCHOUJEAN Jules
9, um Millebierg | L-8720 Rippweiler
T: 23 63 91 64 | GSM: 621 661 220
jules.schoujean@gmail.com

Secrétaire – gestion correspondance:
EVEN Guy
12, rue Principale | L-8715 Everlange
T: 23 63 91 52 | GSM: 621 768 543
guyeven@pt.lu

Trésorier – gestion financière – gestion fichier membres
WETZEL Gaston
3, an Hiesel | L-8707 Useldange
T: 23 63 82 93 | GSM: 691 526 022
g@wetzel.lu

Vice-président – missions spéciales
SCHAAF Raoul
14, rue de Vichten | L-8620 Schandel
T: 26 88 00 95 | GSM: 691 910 655
schaafr@pt.lu

**Membres**

FRANK-GILSON Marie-Thérèse
15, rue de Schandel
L-8715 Everlange
T.: 23 63 04 01

KEIPES-WILDSCHÜTZ Givy
12, rue de la gare | L-8705 Useldange
T: 23 63 04 43

Wollf-Tholl Mady
17, um Reebou | L-8708 Useldange
GSM: 621 197 934
wolma@hotmail.de

MERGEN-WEIMERSKIRSCH Irma
1, rue de Schandel | L-8715 Everlange
T: 23 63 04 49

Frank-Schmit Margot
10, um Reebou | L-8707 Useldange
GSM: 621 273 697
eugfrank@pt.lu

WALD Gaston
3, rue de l'église | L-8706 Useldange
T: 23 63 04 72

Etienne Heirend
3, maison | L-9769 Roder
T: 23 63 80 78

THIMMESCH-BANNELLA Olga
12, rue de Schandel | L-8707 Useldange
GSM: 621 140 820


**Rendre mon chauffage encore plus parfait...**

› **Seulement une minorité des chauffages installés fonctionne dans des conditions optimales et il reste des économies à faire. Une mesure pourrait être l'équilibrage hydraulique.**




Les radiateurs installés près de la chaudière reçoivent trop d'eau chaude. Par contre ceux installés plus loin n'en reçoivent pas assez. Bien que le thermostat soit réglé à 5, la pièce ne chauffe pas.

Que faire:

- soit augmenter le débit du circulateur (ce qui augmente la consommation électrique)
- soit équilibrer le réseau hydraulique

Avec des coûts approximatifs de 1.500 € pour une maison unifamiliale et un potentiel d'économies en énergie allant jusqu'à 20%, cet investissement se rentabilise endéans quelques années… surtout si votre commune vous aide par l'ajout d'une petite prime…

S'y ajoute une augmentation du confort thermique de votre logement. Que peut-on vouloir de plus?

**Veuillez vous informer d'abord GRATUITEMENT à l'Energieatelier à Redange - Infoline 26 62 08 01.**



INFOLINE
26 62 08 01
info@energieatelier.lu

energie atelier
INFO STUFF
infopoint
Find us on

ENERGIEATELIER
VOTRE POINT INFO POUR TOUTES VOS QUESTIONS SUR L'ÉNERGIE.
43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert
www.energieatelier.lu

# KANNERFUESBAAL 2018









Den 3 Februar 2018, haten d'Aktiv Mammen aus der Gemeng Useldeng hiren traditionelle Kannerfuesbal organiséiert. Als Animatioun hate si erëm d'Lisa Mariotto, eng Mini Disco an eng Zaubershow. Et war super, d'Leit ware nees begeeschtert. Den nächste Rendezvous wier dann Samschdes, den 2. Mäerz 2019 am Centre Culturel zu Useldeng.

D'JUGENDSEKTIOUNEN VUN DER MUSEK AN DE POMPJEEËN

# AUSFLUCH OP BEEFORT

TEXT: CHRISTOPHE THEISS / FOTO: KARIN PICK




De Sonnden vum 4. Februar hat nach eemol Schnéi um Programm stoen. Wou déi meeschte Leit frou gewiescht wieren, wann de Wanter esou lues eriwwer wier, koum dat de Jugendsektiounen vun der Musek an de Pompjeeën aus der Gemeng grad richteg, well si hunn deen Dag en Ausfluch op d'Äispist zu Beefort gemaach.

Moies um 9 Auer goung et scho lass fir mat Zäiten zu Beefort unzekommen, sou dass mir um 10 Auer als éischt Schlittschongfuerer d'Äispist stierme konnten. Wann och deen een oder anere ufangs nach e bëssen wackeleg iwwert d'Äis gerutscht ass, war dat kuerz dono awer nees vergaangen. No engem waarmen Schocki als Stäerkung tëschenduerch, war d'Äispist och dono fest an Useldenger Hand.

Schnell gouf och keen Ënnerscheed méi tëschent Musikant oder Pompjee gemaach, mee bei der uschléissender Schnéiballschluecht hunn déi Jugendlech gemeinsam versicht hier Betreier anzeseefen.

Géint der Mëtteg ass et nees zeréck op Useldeng gaangen. Do gouf et zum Ofschloss nach eng gutt Spaghetti z'iessen, fir déi verbrauchten Energie nees opzefëllen.

Dëse gemeinsamen Ausfluch war net déi éischt gemeinsam Aktivitéit vun de Jugendsektiounen aus der Musek an de Pompjeeën. Am September widderhuelen si nees hiren Ausfluch an d'Phantasialand vu virun zwee Joer, an opgrond vum grousse Succès steet och dat gemeinsamt Schlittschongfueren am nächste Joer nees um Programm.

# HARMONIE USELDENG: WANTERCONCERT 2017



An enger Welt wou Gewalt, Krich an Terrorismus praktesch den Alldach bestëmmen, an enger Zäit wou ee mat senge Kollegen iwwer Facebook, Messenger oder Twitter kommunizéiert. Genau an der Zäit huet d'Useldenger Musik et den 22. Dezember fäerdeg bruecht ganz vill Leit  op engem kaalen, däichteren Owend doheem hannert dem Uewen raus ze lackelen fir sech den Wanterconcert 2017 an der Useldenger Kirch unzelauschteren. Beim Optakt vum Programm huet den Jugendensemble ënnert der Direktioun vum Karin Pick mam Steck „Jupiter"  vum Komponist Gustav Holst bewisen, dass een keng Angscht brauch ëm d'Zukunft vun der Harmonie ze hunn. Ënnert der Leedung vum dynamischen Dirigent Paul Fox woussten déi Ronn 50 Musikanten mat  modernen Chrëschtdagsmelodien an awer och mat Stecker wéi „Mill on the Ciff", „A Quiet Moment", „Solas Ané" oder „Canterburry Choral" hiert Publikum ze iwwerzeechen. D' Presentatioun vun all dëse Stecker gouf duerch Conférencière Christel Gottschalk duerchgefouert. Den absolut musikalischen Héichpunkt vun dësem Owend war mat Secherheet d'Steck „Marianne" bei deem den Solist Charel Ney eng Beschtleechtung op sengem Bügel geliwwert huet.

D'Harmonie Useldeng hofft lech och all den 19. Mee um Gala begréissen ze kënnen.



# OBSTBAUMSCHNITTKURS FOLGEKURS

Im November 2017 fand ein Obstbaumschnittkurs, unter der Leitung von Richard Dahlem, in Reimberg statt. An dieser Aktivität, organisiert von der Sektion „Kanton Réiden", nahmen ein Dutzend Naturfreunde teil. Es wurde ein 20 Jahre alter Birnenbaum geschnitten. Die Teilnehmer verfolgten die Erläuterungen und praktischen Anweisungen von Herr Dahlem mit viel Interesse.

Auf große Nachfrage wurde beschlossen einen weiteren Obstbaumschnittkurs zu organisieren um zu sehen, wie der Birnenbaum sich weiterentwickelt hat und was zu diesem Zeitpunkt zu machen ist.

Dieser Kurs findet am Samstag, den 30 Juni um 9h30 am Ort genannt Préitzerbierg Gemeinde „Préizerdaul"siehe Koordinaten

Lon/Lat WGS84 DMS
5° 56' 56,8' E | 49° 48' 05,0' N

Kursleitung: Richard Dahlem,
T: 29 04 04 1,
rdahlem@naturemwelt.lu

Für Nachfragen: Romain Kleer,
T: 621 758 581,
rkleer@pt.lu



natur&ëmwelt a.s.b.l.



# 1. MEEFEIER 2018 ZU USELDENG



D'Harmonie Useldeng an den F.C. Jeunesse Useldeng haten hier Memberen mat der Famill op hier 1. Mee Feier invitéiert. Trotz dem net sou schéine Wierder haten eng ganz Rëtsch Leit sech d'Zäit geholl fir dësen Dag am Veräin ze verbréngen.

Déi ganz Fläisseg waren schonns moies um 9 Auer um Dill fir am Hiesel-Bësch op der Feierplaz den traditionellen Meekranz ze bannen.

Um 11.15 Auer war dunn Rendezvous um Ekologeschen Parking (Parking du Château) an der Iewerlenger-Strooss fir am Cortège, ugefouert vun der Museksgesellschaft, duerch d'Duerf ze goen an de Meekranz ze presentéieren.



No engen oder deem aneren Apero war et un der Zäit fir d'Mëttegiessen a Form vu Grillen mat Zaloten an Dessert. Vill Bedeelegter haten sech an der Buvette vum Schoul- a Sportkomplex „Weidfeld" afonnt, an hunn zesummen e schéinen Nomëtteg verbruecht. Et ass keen hongereg oder duuschtereg heem gaangen.



Foto: Claude Schomer

# WAT ASS LASS AM SCHLASS?

## NEIEGKEETEN VUN A RONDERËM D'BUERG

*WWW.CASTLE-USELDANGE.LU*

La Commune d'Useldange soutient l'action LIGHT IT UP BLUE, action internationale, initiée à l'occasion de la Journée Mondiale de Sensibilisation à l'Autisme, le 2 avril 2018. Elle vise à mettre la lumière sur l'autisme, notamment par l'éclairage en bleu de bâtiments publics importants.

Ainsi la Commune d'Useldange a participé à cette action en illuminant en bleu le Château d'Useldange pendant tout le mois d'avril 2018.

# CHRËSCHTDAG OP DER BUERG

FOTO: CLAUDE BACH













Nodeems am Dezember 2014 déi éischt Editioun vun Chrëschtdag op der Buerg stattfonnt hat, ass den 8. an 9. Dezember 2017 déi mëttlerweil 4ten Editioun iwwert Bühn gaangen. Dëst ënnert däitlech besseren Wiederkonditiounen.

Dat déi Initiativ, déi vun der deemoleger Kulturkommissioun ënnert hirem President Raymond Schmit geholl gouf, hier Dosinnsberechtegung huet, beweisen déi vill Leit déi déi leschte Joren op der Buerg passéiert sinn. Sou och erëm am Dezember vum vergaangenen Joer.

D'Leit kruten een ofwiesslungsräichen Programm gebueden. Ënnert anerem ee flotte Concert vum Männerchouer Atertdall, en Optrëtt vum Jugendensembel vun der Useldenger Harmonie souwéi dem Lisa Mariotto, an net ze vergiessen de schéinen Chrëschtconcert vun iwwer 100 Schoulkanner aus der Useldenger Schoul. Hinnen all ee grousse Merci.

Eng flott Krëppechers-Ausstellung an der Kierch huet hiren Deel zur Chrëschtdagsstëmmung bäigedroen.

Nieft villen Stänn mat Cadeausiddien an Konschthandwierk, koum natierlech dat Kulinarescht net ze kuerz.

Zum Schluss ee grousse Merci un all d'Veräiner déi matgemaach hunn. Merci der Gemeng an den Gemengenaarbechter. Merci och un d'Memberen vun der Kulturkommissioun a Merci u jiddereen deen op déi eng oder aner Manéier gehollef huet.

Enger 5ter Editioun steet deemno näischt am Wee an déi Intresséiert ënnert lech kënnen sech schonn mol den 7ten an 8ten Dezember 2018 an den Agenda schreiwen.

Kulturfrënn Useldeng
Christian Frank,
Coordinateur



















# MËTTELALTERFEST USELDENG 2018

## SPECTACULUM A GAUDI RONDERËM D'BUERG

## 9. AN 10. JUNI 2018

TEXT: FERNAND ROSSI

Elo ass d'Dosen voll. Wëll heeschen, dass 2018 fir zwielefte Kéier d'Useldenger Mëttelalterfest

ofgehalen gëtt. Den 9. an 10. Juni ass et erëm sou wäit: Museker, Feierspäizer, Jongleure, Gaukeler, mee och geschätzten 200 Maartleit dréinen d'Auer erëm zréck an längst vergaangen Zäiten an hunn Useldeng wärend 2 Deeg fest am Gréff.

Wärend deenen 12 Joer huet sech munches gedoen. Am Laf vun der Zäit ass d'Fest méi grouss ginn, d'Organisatioun méi komplex an d'Usprćh, den Visiteuren all Joer een kuerzweilegen an interessanten Programm unzebidden ass eng Erausfuerderung déi sech ëmmer erëm stellt.

Fir sou een Programm op d'Been ze stellen ass et noutwendeg fir vill ronderëm ze reesen, fir sech déi verschidden Acteuren op der Platz unzekucken an sech een Uerteel ze maachen, op déi dann och an de Programm erapassen. Et well ee jo keng Katz am Sack kafen, oder?

Als Organisateur si mer stolz a frou dëst Joer déi belsch Grupp 'PRIMA NOCTA' begréissen ze kënnen. Des Band zielt schonn zënter Joren an der Mëttelalter-Zeen zu den Top-Acts. Mee och KOENIX (CH) an BOHEMIAN BARDS (CZ) als Ergänzung wäerten d'Visiteuren vum Fest ze begeeschteren wëssen. Weider um Programm stinn dëst Joer den Duo Pappenstyl an d'Artistengrupp Lusciania Obscura aus Däitschland



BOHEMIAN BARDS



KOENIX



PRIMA NOCTA

an och d'Luxembourg Pipe Band ass grad wéi 2017 nees dobäi.

Kanneranimatioun gëtt traditionell grouss geschriwwen. Keramik-Atelier, Kofferschmadd, Wopenmolerei, Kerzenzéien an Armbrustschéissen sinn nëmmen e puer Attraktiounen hei ernimmt. Als nei Aktivitéit kënnen eis Kleng sech des Kéier beim Lehmhütten-Bauen versichen.

Karussell, Kinder-Ritter-Show, an fir déi éischte Kéier steet och eng Virféierung vun Gräifvullen um Programm. Vill nei an interessant Stänn suergen fir räichlech Ofwiesslung. Déi verschidden Lagergruppen bidden ausser Ritterkämpf vill interessant Demonstratiounen wat Lagerliewen an aalt Handwierk ubetrëfft.

Iessen an drénken wéi am Mëttelalter, dat ass um Useldenger Mëttelalterfest selbstverständlech Traditioun. Op Fierkel um Spiiss, Ollapotrita, Strauben, Ritterfladen oder Ritterburger, alles gëtt mat vill Léift zoubereet an duerfir schmaacht et och extra gutt. Ausserdeem sief verroden dass mer eis dëst Joer a kulinarescher Hisiicht eppes Neies afalen gelooss hunn. Virwëtzeg? Ma da kommt laanscht schmaachen.

Gutt Laun an gutt Wieder souwisou sinn also virprogramméiert, duerfir loosst lech 'Useldeng am Mëttelalter' den 9. an 10. Juni 2018 net entgoen.

Samschdes, vun 11.00 bis 01.00 Auer an Sonndes vun 10.00 bis 19.00 Auer.

Entrée € 5.- Daler, Gewanderter bezuelen der 2.-.
Kanner bis 12 Joer an Behënnerter hunn fräien Entrée.

Organisatioun:
Härenequipe vum Useldenger Fussball.

# KULTUR- A BUERGFRËNN USELDENG A.S.B.L.

D'Buergfrënn Useldeng hunn sech am Joer 2011 gegrënnt fir d'Gestioun vun der Buerg z'assuréieren. Donieft setzen d'Memberen sech dofir an fir déi historesch Geschicht ronderëm d'Buerg an d'Gemeng opzeschaffen an ze konservéieren. Dëst Joer sinn si mat der Kulturkommissioun vun der Gemeng Useldeng fusionéiert an d'Vereenegung Kultur- a Buergfrënn Useldeng huet sech gegrënnt. Dës erweidert Associatioun këmmert sech em den Erhalt an d'Promotioun vun der Useldenger Buerg an organi-séiert Kulturevenementer ronderëm Useldeng an doriwwer eraus. D'Memberen vun der Vereenegung setzen sech aktiv fir eng lieweg Kultur an der Gemeng Useldeng an.

D'Kultur- a Buergfrënn Useldeng investéiert sech fir de geschichtlechen a kulturellen Patrimoine vun Useldeng ze erhalen an ze promovéieren. Niewent der Animatioun an der Vermaartung vun der Useldenger Buerg, gehéiert d'Gestioun an d'Promotioun vum Site vun der aler Useldenger Millen « Manukultura » zu den Aktivitéiten vun der a.s.b.l.. An der fréierer Dieschbourg's Millen ginn vill flott Coursen a kulturell Aktivitéiten ofgeha-len; vu Keramik-Workshopen iwwert Mol- an Theater-Coursen bis hin zu Jazz-Owender a literaresch Liesungen.

Niewent dëse Coursen, organiséiert d'Vereenegung op kulturellem Niveau d'Ausstellung COMMUNE-ART bei där regional Acteuren hier Konscht ausstellen, an donieft och pädago-gesch Projeten. Een Highlight am Joreskalenner ass och de Chrëscht-maart op der Buerg, den dëst Joer den zweeten Weekend am Dezember stattfënnt. Zu dëser Zäit verwandelt sech d'Buerg an ee Wantermäerchen-Land, dat all Joer méi Visiteuren unzitt.

De kulturelle Programm, deen fir d'Joer 2018 op d'Been gesat gouf, ass ofwiesslungsräich a soll Publikum vun all Alter uspriechen.

Zousätzlech zu senge ville kulturellen Aktivitéiten, bedreiwen d'Kultur- a Buergfrënn den TouristInfo fir déi 11 Gemengen aus der Leader-Regioun Atert-Wark, deem seng Haaptaufgab doran besteet d'touristesch Acteuren an d'Gemengen aus der Regioun mateneen ze vernetzen.

**De Comité setzt sech folgender-moossen zesummen:**

- President: Romain Kleer
- Vizepresident: Ooms Claudine & Feiereisen Roger
- Sekretär: Nickels Ralph
- Tresorier: Wald Roland
- Coordinateur Buergfrënn: Da Silva Pierre
- Coordinateur Kulturfrënn: Frank Christian
- Coordinateur Manukultura: Anzia Gérard
- Administrateurs : Anzia Gérard, Bach Claude, Calteux Georges, Da Silva Pierre, Feiereisen Roger, Frank Christian, Kleer Romain, List Jean-Jacques, Majerus Georges, Nickels Ralph, Ooms Claudine, Sanavia Patrick, Wald Roland.

**Membres :**
Barthelemy-Muller Marianne, Bar-thelemy-Majerus Sylvie, Boudler Claude, Even Guy, Feinen Raymond, Frank-Schmit Margot, Gregorius Léon, Hansen Marc, Koster Patrick, Lehnert Tom, Schaaf Raoul, Schmit Raymond, Frank-Schroeder Jeanny, Waltzing Lucien, Wampach Jos.

## AVIS

### RECRUTEMENT DE GUIDES

Dans le cadre de la gestion/animation de notre site historique « Château d'Useldange » des guides touristiques seront recrutés pour assurer les visites guidées autour du château féodal.

Spécifications:

- Le futur guide pourra bénéficier d'une formation organisée en collaboration avec la Kultur- & Buergfrënn asbl et l'Administration Communale d'Useldange.
- Par la suite le futur guide sera rémunéré pour chaque visite guidée qu'il effectuera.

Les intéressé(e)s sont prié(e)s de nous contacter pour des renseignements supplémentaires.

Tom Lehnert
Coordination du site historique « Château d'Useldange »
T: 23 63 00 51-26 | tom.lehnert@useldeng.lu

# NEI ULAFSTELL FIR TOURISTEN ZU USELDENG

LEADER

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs

Den 03. Abrëll huet den TouristInfo AtertWark seng Dieren am Millenhaff zu Useldeng opgemaach. Hei kënnt Dir ausféierlech Informatiounen iwwert Kuckeswäertes an der Regioun Atert-Wark an doriwwer eraus erhalen.

An enker Zesummenaarbecht mam Tourismusverband Zentrum / Westen an LEADER setzt den TouristInfo sech fir d'Entwécklung an d'Vermaartung vum nohaltegen Tourismus am moleresche « Wëlle Westen » vum Grand-Duché an.

D'Qualitéit vun der Offer an dem Service stinn am Virdergrond.

D'Ziel ass et den Touristen aus den 10 Gemenge vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg ee Rund-um-Reeserliefnis ubidden ze kënnen. Dëst schléisst souwuel touristesch Aktivitéiten wéi och d'Iessen an d'Iwwernuechtungsméiglechkeeten mat an.

Den TouristInfo soll d'Ulafstell fir all Mënsch ginn, deen sech iwwert touristesch Erliefnisser aus der Regioun informéiere wëll.

Et soll eng intensiv Zesummenaarbecht mat de Gemengen an touristeschen Acteuren entstoen.

Den TouristInfo soll den Uspriechpartner fir touristesch Iddien a Konzepter an der Regioun ginn. Et ass wichteg ze verstoen, dat den TouristInfo fir d'Gemengen an d'Acteure schafft. D'Ziel ass eng Hand an Hand-Zesummenaarbecht, déi et erméiglecht d'Besonneschkeeten vun der Regioun ervirhiewen ze kënnen. Just mat sou enger Kooperatioun ass et méiglech deen qualitativ héichwäertegen Service unzebidden, deen erreecht wëll ginn.

Am TouristInfo kritt Dir Informatiounen, Broschüren, Kaarten an individuell Berodung iwwert folgend Beräicher vun der Regioun Atert-Wark.

- Kulturell Kuckeswäertes
- Vëlostourismus
- Vëloslocatioun op Demande
- Wandertourismus
- Aktuell Veranstaltungen
- Besichtegungen an Aktivitéiten
- Verkafsstell vun der « Luxembourg Card » a regionale Produiten

1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
T: +352 23 63 00 51 -28
touristinfo@useldeng.lu
f touristinfoatertwark

Ëffnungszäiten Büro:
Méindes – Freides:
10 – 12 Auer an 13 – 17 Auer

Am Juli an August ass de Büro vum TouristInfo samschdes a sonndes zousätzlech zu dësen Auerzäiten fir Iech op




D'Team vum TouristInfo, d'Gerante Carole Thull an den Tom Lehnert, freeën sech drop Touristen aus aller Welt ze empfänken an iwwert d'Regioun Atert-Wark ze informéieren.

# FC JEUNESSE USELDENG

Et ginn vill gutt Nouvellen iwwert den Useldenger Futtball ze vermellen, awer net elauter.

No eisem gudden Kolleg Ferruccio PAVANI den 1. November 2017, hunn eis nach 2 grouss Personnagen an trei Supporter vum Useldenger Futtball fir ëmmer verlooss. Den Nic. ANZIA, President vum Club vun 1976-1994, ass den 17. Februar, an den Marc MAJERUS, fréieren Tresorier, den 24. Mäerz dëses Joers verstuerwen. Mir wäerten si an gudder Erënnerung behalen.

Da komme mir awer elo zu ganz erfreelechen Noriichten. Mir fänken un mat eisen Supporter.

De Comité an d'Spiller vum FC Jeunesse Useldeng soen dir, léiwen Frënn vum Useldenger Futtball, Villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung déi eis Equippen an deenen leschten Wochen a Méint kritt hunn. Op bei guddem awer och schlechtem Wieder, mir konnten ëmmer op dech zielen. Weider esou.

Merci och eisen Sponsoren an all deenen déi een Ball de Match gestëft hunn. Wann een vun iech dem Futtball een Ball iwwerreechen wëll, dann kann hien sech bei engem Comitésmember mellen.

Wat d'Leeschtungen vun eisen Seniorsequippen betrëfft, do gëtt et ausschliisslech gutt Noriichten ze vermellen.
4 Spilldeeg virun Schluss steet eis 1. Equipe op der 1ter Platz an der 2ter Divisioun. Si hunn 53 Punkten, 2 Punkten Avance op deen 2ten Schieren, an 3 Punkten an een bessert Golverhältnis op deen 3ten Berdorf/Consdorf. D'Wahrscheinlechkeet dat eis 1. Equipe dëst Joer an déi 1. Divisioun










op steig, ass also ganz grouss. Dëst ass dem FC Jeunesse Useldeng eréischt 1 mol reusséiert, an zwar an der Saison 1990-1991!

Eis 2. Equipe steet op der 3ter Platz mat 42 Punkten, mat nëmmen 1 Punkt Retard op deen 1ten Etzella an 2ten Mäerzeg. Och si hunn nach gutt Chancen an déi 2. Classe ze steigen.

Dem Trainer-Team an den Seniors-spiller soe mir: weider esou, mir sinn déck stolz op iech.

Och an der Entente Jeunesse Atertdaul ass gutt geschafft ginn. Gutt Resultater loossen een opmierksam ginn. De Januar an Februar hunn déi verschidden Altersgruppen um „Ialux Indoor" Deel geholl. Eraus ze hiewen ass do dat fantastescht Resultat vun der Poussins-Equipe. Si erreechen déi grandios 5. Platz vun sämtlechen Poussins-Equippen aus dem Land! Respekt! Awer och d'Minimmes an d'Scolaires sinn weit komm. Si maachen eng Platz ënnert deenen 20 éischt. Och am Championnat sinn gutt Nouvellen ze vermellen. D'Minimmes 1 steigen vun der 4. Classe an déi 3. Classe. D'Scolaires vun der 6. Classe an déi 5. Classe.

Den verschiddenen Equippen an dem EJA Team mat hiren Traineren eis häerzlechst Felicitatiounen fir dës Leeschtungen.

Allez FC Jeunesse Useldeng!

**Weider Aussiichten:**
02.06.2018: Tournoi vum CHdN um Futtballterrain zu Useldeng
03.06.2018: ab dësem Datum, an bis Enn Juli, sinn Terrain'en zou. D'Gemeng schafft drop.
01.07.2018: Castle Ride: Vëlostour mat Depart, dës Kéier, bei der Buvette um Futtballterrain.
06.07.2018: Generalversammlung vum FC Jeunesse Useldeng an der Buvette vun der Sportshal
14.08.2018: Ufank vun der Semaine Sportive vum Useldenger Futtball

**Finales – Classements**
Indoor 2017 – 2018

Scolaires U15

1. UN Kaerjeng 97 (10 pts)
2. RFCU Luxembourg (10 pts)
3. Etzella Ettelbruck (9 pts)
4. F91 Dudelange (8 pts)
5. Ent. Differdange/Luna (4 pts)
6. Sporting Mertzig (0 pt)

Minimes U13

1. RFCU Luxembourg (13 pts)
2. Young Boys Diekirch (10 pts)
3. Victoria Rosport (9 pts)
4. Red Star Merl-Belair (5 pts)
5. CS Fola Esch (4 pts)
6. Ent. Norden/Wincrange (1 pt)

Poussins U11

1. FC Rodange 91 (15 pts)
2. Syra Mensdorf (10 pts)
3. F91 Dudelange (9 pts)
4. CS Fola Esch (5 pts)
5. Ent. Atertdaul (2 pts)
6. US Rumelange (1 pt)
7.

Pupilles U9

1. RFCU Luxembourg (11 pts)
2. Tricolore Gasperich (8 pts)
3. Alisontia Steinsel (6 pts)
4. Ent. Syrdall (5 pts)
5. UNA Strassen (5 pts)
6. FC Schifflange 95 (5 pts)

# APECU – ELTEREVEREENIGUNG VUN DER GEMENG USELDENG

Wie bereits in der letzten Ausgabe des RIPEVUSCH erwähnt, hat es im Komitee der APECU auf der letzten Generalversammlung einige personelle Veränderungen gegeben. Aber auch das neue Komitee ist wie gewohnt für die Kinder der Grundschule Useldeng aktiv.



Tätig waren vor allem die Komitee-Mitglieder der APECU beim Chrescht-maart op der Buerg im Dezember 2017. Um Geld für unsere verschiedenen Aktivitäten zu verdienen, war die Elternvereinigung auch im letzten Jahr 2 Tage mit ihrem Stand „Schampes und Wäffelcher" im Einsatz.



Für die erste Woche im Januar 2018 konnten wir das Science Mobil vom Natur musée für die Schule



organisieren. Alle Cyclen haben in dieser Woche eine Aktivität mit den Fachleuten praktisch durchgeführt. Die Schüler/innen konnten dabei in verschiedenen Ateliers vieles erkunden, erforschen und lernen. Von Versuchen über Farb-Pigmente, Strukturfarben, Pflanzen und Licht, Licht und Schatten bis hin zum Herstellen von riesen Seifenblasen war alles dabei. Zusätzlich wurde auch das Planetarium an der Schule aufgebaut und alle Kinder konnten eine kleine „Reise zu den Sternen" erleben und unseren Sternenhimmel etwas genauer kennenlernen.



Ein weiteres Highlight im Januar 2018 war die „Nacht im Klassenzimmer" für alle Kinder der Cyclen 1 & 2. Bereits mehrfach durchgeführt,







und von Kindern und Lehrpersonal immer wieder nachgefragt, ist der gemeinsame Abend, die Nacht im Klassenzimmer und das anschließende Frühstück etwas ganz Besonderes für die Kinder. Dieses Jahr erhielt die APECU dabei Unterstützung von Lisa Völkening, eine ehemalige Schülerin der Useldenger Grundschule, die im Rahmen einer schulischen Arbeit die Planung, Organisation und Durchführung zusammen mit dem Lehrpersonal und der APECU übernommen hat. Unter dem Motto „Piraten", wurde Freitagabend in vier Ateliers eine Schatzsuche durchgeführt, ein Abenteuer-Parcours gemeinsam überwunden, ein Piraten-Kopftuch

gestaltet und zusammen mit dem kleinen Drachen Kokosnuss eine Piratengeschichte erlebt. Zum Abschluss verwandelten sich dann noch alle Kinder (und Lehrerinnen) mit Hilfe von Kostümen und Schminke in richtige Piraten.



Nach der mehr oder weniger (un) ruhigen Nacht, gab es zum Abschluss ein gemeinsames Frühstück in den Räumlichkeiten der Maison Relais. Danach konnten die Kinder müde aber zufrieden von ihren Eltern abgeholt werden.

In diesem Zusammenhang möchte ich der Gemeinde und der Maison Relais danken, dass sie uns die Räumlichkeiten zur Verfügung gestellt haben und wir somit eine so tolle Aktivität für die Kinder durchführen konnten. Ein großes Dankeschön auch an die Lehrerinnen, die unsere Aktivität begleitet haben.





Unsere bisher letzte große Aktivität war unser Film-Nachmittag an der Schule am 23. März. Eingeladen waren alle Kinder der Schule. Dieses Jahr hatten wir die beiden Gruppen (Film I für die Kinder des Cycle 1 und 2.1/ Film II ab dem Cycle 2.2) zeitlich getrennt. Direkt nach dem Unterricht trafen sich die „Kleinen", um bei Popcorn, Würstchen und einem Getränk den Film-Nachmittag zu genießen. Im Anschluss wurden die „Großen" von ihren Eltern gebracht und konnten den frühen Abend ebenfalls mit Leckereien genießen. Mit einer Gesamtteilnehmerzahl von 132 Kindern war diese Aktivität ein großer Erfolg. Die strahlenden Gesichter der Kinder haben gezeigt, dass wir mit unserem Film-Nachmittag den Kindern viel Freude bereitet haben, und wir somit einen Beitrag leisten konnten sie als Schulgemeinschaft weiter zusammenwachsen zu lassen.

Wir freuen uns schon auf das 3. Trimester, in dem sicherlich das Schulfest am Samstag den 30.6. das Highlight sein wird.

APECU – aktiv fir eis Kanner.

Christel Gottschalk
(im Auftrag der APECU)

# ESSEN AUF RÄDERN

**Eine komplette Mahlzeit, 365 Tage im Jahr zu Ihnen nach Hause geliefert.**

Der Mahlzeitendienst „Repas sur Roues" (Essen auf Rädern) wurde auf Initiative des Luxemburger Roten Kreuzes in Zusammenarbeit mit mehreren Gemeinden gegründet.

Er liefert pflegebedürftigen und älteren Menschen, die sich nicht mehr selbst versorgen können, für 13,30 € im Jahre 2018) an 365 Tagen komplette und ausgewogene Mahlzeiten nach Hause.

Das Angebot soll in erster Linie älteren und kranken Menschen ermöglichen, weiterhin zu Hause zu leben. Der Mahlzeitendienst ist eine echte Alternative für Personen, denen alltägliche Dinge, wie kochen und einkaufen, zunehmend schwerfallen und bietet ihnen gleichzeitig einen regelmäßigen sozialen Kontakt.

Die Auslieferung erfolgt in einem spezialen Kit der das komplette Essen auf Tellern enthält, die auf einer dem Kunden zur Verfügung gestellten Induktionsplatte aufgewärmt wird.

Die Mahlzeiten werden in der Küche des Centre de Convalescence in Colpach-Bas am vorherigen Tag zubereitet .

Wollen Sie dieses Angebot in Anspruch nehmen oder nähere Einzelheiten erfahren, so wenden Sie sich bitte an Ihre Gemeindeverwaltung oder an das Luxemburger Rote Kreuz .

Repas sur Roues
1, rue d'Ell
L-8527 Colpach-Bas

T: 2755-5000 oder 691 88 98 69
(Bürostunden)

repas-sur-roues@croix-rouge.lu

Helpline croix-rouge luxembourgeoise
T: 2755

croix-rouge luxembourgeoise
Mënschen hëllefen

# REPAS SUR ROUES

**Un repas complet livré chez vous 365 jours par an.**

Le service « Repas sur roues » créé à l'initiative de la Croix-Rouge luxembourgeoise, en partenariat avec plusieurs communes, a pour mission de livrer à domicile, 365 jours par an au prix de 13,30 € en 2018 des repas complets et équilibrés aux personnes dépendantes et isolées.

Ce service s'adresse en premier lieu à des personnes âgées et malades, pour leur permettre de rester dans leur foyer. Il apporte une vraie réponse aux personnes pour qui des gestes quotidiens, comme préparer un repas ou faire des courses, deviennent des tâches compliqués. Il contribue ainsi à rompre l'isolement.

La livraison se fait dans un kit spécial qui comprend un repas complet et qui est réchauffé à domicile par le client sur une plaque à induction mise à sa disposition par la Croix-Rouge luxembourgeoise.

Les repas sont préparés dans la cuisine du Centre de Convalescence à Colpach-Bas, la veille de leur livraison.

Si vous voulez bénéficier de ce service ou obtenir de plus amples renseignements, adressez-vous s.v.p. à votre commune ou à la Croix-Rouge luxembourgeoise.

Repas sur Roues
1, rue d'Ell
L-8527 Colpach-Bas

T: 2755-5000 ou 691 88 98 69
(heures de bureau)

repas-sur-roues@croix-rouge.lu

Helpline croix-rouge luxembourgeoise
T: 2755

# CASTLERIDE TREFF

TEXT: THOMAS VÖLKENING

Unser Castleride Treff hat durch unsere neu gegründete WhatsApp Gruppe großen Zuwachs bekommen, auch über unsere Gemeindegrenzen hinaus.

Mittlerweile sind wir bei 19 Teilnehmern angekommen. Dies ermöglicht es, dass sich immer mehr Termine ergeben, bei denen man sich einer Gruppe anschließen kann, um sich bei einer schönen Vtt-Tour sportlich zu betätigen.

Wir freuen uns natürlich über jeden, der sich unserer „Bewegung" anschließen möchte.

Wer Interesse am Castleride-Treff hat meldet sich bitte bei mir (Thomas Völkening/ 621 78 18 32).

Ich werde ihn dann in unsere WhatsApp Gruppe aufnehmen. So bekommt man immer die Information, wer wann eine Tour plant. Wer Zeit und Lust hat sagt zu und schon kann es losgehen!

Die Strecken werden dem Niveau der Teilnehmer entsprechend ausgewählt!











# ÄNNCHEN THOLL-FEYEREISEN WURDE 90

TEXT/FOTO: CHARLES REISER



Useldingen: Bei guter Gesundheit und geistiger Frische konnte Annchen Tholl-Feyereisen aus Useldingen neulich im Kreise ihrer Familie auf 90 erfüllte Lebensjahre zurückblicken. Ännchen Feyereisen wurde am 12. März 1928 als zweitälteste Tochter von fünf Kindern des Ehepaares Pierre Feyereisen und Barbe Lommel in Bissen geboren. Die Familie Feyereisen zog nach Boewingen/Attert um schließlich dann in Useldingen definitiv ihr gemeinsames Leben zu verbringen.

In ihrer Jugendzeit arbeitete die Jubilarin im Reinigungsdienst bei der DEA und später in einem privaten Haushalt in Useldingen. Im Juni 1951 führte Marcel Tholl aus Hollerich, der in der Gerberei Sinner und nachher bei der Lackfabrik Robin in Useldingen sein tägliches Brot verdiente, seine Verlobte zum Traualtar.

Nach ihrer Heirat ließ sich das Ehepaar in Useldingen nieder. Aus ihrer Ehe ging Tochter Mady hervor. Heute erfreut sich die Familie um ihr einziges Enkelkind. Ehemann Marcel verstarb am 21. März 1989.

Mit einem Blumenarrangement war Bürgermeister Pollo Bodem mit seinen beiden Schöffen Christan Frank und Pierre Da Silva angereist, um die Glückwünsche seitens der Gemeinde Useldingen zu überbringen. Mit der Überreichung eines Geschenkkorbes gratulierte Jules Schoujean dem rüstigen Vereins- und Gründungsmitglied, im Namen des „Senioreforum Gemeng Useldeng". Recht gerührt bedankte sich die Geehrte für die Wünsche und betonte lächelnd: Wenn es so weiter geht, brauch ich mich nicht zu beklagen!

„F.C. VÉTÉRANS USELDANGE“ ZEIGEN HERZ

# 1.500 EURO SCHECK FÜR „EEN HÄERZ FIR KRIIBSKRANK KANNER“

TEXT/FOTO: CHARLES REISER

Boewingen/Attert: Neulich trafen sich die Vertreter des „F.C. Vétérans Useldange“ in den Räumlichkeiten vom Hauptsitz der Vereinigung „Een Häerz fir kriibskrank Kanner “ in Böwingen/Attert und überreichten der Vorsitzenden Marie-Marthe Brück-Clees einen Scheck über 1.500 Euro. Diese Summe stammt einen Teilerlös des erfolgreichen Mittelalter-festes im Juni vergangenen Jahres in Useldingen dar. Nach ihren ausführlichen Erklärungen über die Arbeit und die Ziele ihrer Vereinigung, die sich den an Krebs erkrankten Kindern und deren Familien annimmt um sie zu begleiten und zu unterstützen, bedankte sich die Vorsitze im Anschluss an eine interessante Filmprojektion, für die großzügige Spende seitens des lokalen Sportvereines aus Useldingen und wies darauf hin, dass diese Spende für angehende Projekte zum Wohl der krebskranken Kinder wirkungsvoll eingesetzt wird.



SPORT AN JUGEND KOMMISSIOUN USELDENG INVITÉIERT IECH OP DEN

# USELDENGER LAFTREFF

Jiddereen, dee Spasss um Lafen huet, egal op wéi engem Niveau, ass wëllkomm. Lafen ass in, an nom Motto Leefer liewen méi laang wëlle mer Iech de Spaass um Lafen vermëttelen.

Lafen léiert ee séier.

Wat ee brauch: Lafschong an funktionell Kleedung ginn duer. Och Ufänger gesinn séier Fortschrëtter an dat mécht d'Lafen sou faszinant.

Jidderee leeft op eege Responsabilitéit !



## all Méinden vum 28.Mee un

## Rendez-vous um 19.00 Auer op der Vëlospist

## tëscht Rippweiler a Räichel (PARKING)

***Keng Umeldung ass néideg: Kommt einfach op den Rendez-vous op d'Vëlospist.***

# MANIFESTATIOUNSKALENNER FIR D'JOER 2016
# SYNDICAT D'INITIATIVE USELDENG

All Ännerungen betreffend de Manifestatiounskalenner sinn am Sekretariat vun der Gemeng ze mellen an op www.useldeng.lu

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **Mee** | | | | |
| 20/05/18 | D | Päischten | | |
| 21/05/18 | L | Päischtméindeg | | |
| 27/05/18 | D | Schandeler Kiermes | | |
| 5/27/2018 | D | Kiermes Hämmelsmarsch | Schandel | Harmonie Useldeng |
| 5/27/2018 | D | Tröppeltour | Rippweiler | Duerffrënn Rippweiler |
| **Juni** | | | | |
| 02/06/18 | S | | Useldeng | FC Jeunesse |
| 02/06/18 | S | Härläichenprëssioun zu Iewerleng | Iewerleng | Kierch am Duerf |
| 09/06/18 | S | Mëttelalterfest | Useldeng | Härenequipe Useldeng |
| 10/06/18 | D | Mëttelalterfest | Useldeng | Härenequipe Useldeng |
| 16/06/18 | S | Mammendagsfeier | Iewerleng | Gaart an Heem |
| 22/06/18 | V | Virowend vu Nationalfeierdag | Useldeng | Gemeng |
| 23/06/18 | S | Nationalfeierdag | | |
| 30/06/18 | S | Gala an Zumbaparty | Useldeng | Aktiv Mammen  Gemeng Useldeng |
| **Juli** | | | | |
| 01/07/18 | D | Castle Ride | Useldeng | FC Jeunesse / Pompjeeën |
| 01/07/18 | D | Gala an Zumbaparty | Useldeng | Aktiv Mammen Gemeng Useldeng |
| 06/07/18 | V | Schoulfest | Useldeng | APECU |
| 08/07/18 | D | Donatusdag | | |
| 13/07/18 | V | Ofschlossconcert op der Buerg | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| 14/07/18 | S | Generalversammlung | Useldeng - Buvette/Sportshal | FC Jeunesse |
| 15/07/18 | D | Kiermes zu Useldeng | | |
| 15/07/18 | | Kiermes Hämmeslmarsch | Useldeng | Harmonie Useldeng |
| 22/07/18 | D | Christophorusfeier | Schandel | Dëschtennis Schandel |
| **August** | | | | |
| 14/08/18 | M | Semaine sportive | Useldeng | FC Jeunesse |
| 15/08/18 | M | Grottefeier ob Maria Himmelfahrt | Rippweiler | Kierch am Duerf / Club des Jeunes |
| 16/08/18 | J | Semaine sportive | Useldeng | FC Jeunesse |
| 17/08/18 | V | Tournoi pour Equipes Vétérans | Useldeng | FC Jeunesse |
| 19/08/18 | D | Semaine sportive | Useldeng | FC Jeunesse |
| **September** | | | | |
| 08/09/18 | S | Trakterstreffen | Iewerlengermillen | Ferguson Club Lëtzebuerg |
| 09/09/18 | D | Trakterstreffen | Iewerlengermillen | Ferguson Club Lëtzebuerg |
| 15/09/18 | S | Pompjeeswettkampf (Pompjeesbau op Weidfeld) | Useldeng | Pompjeeën |
| 15/09/18 | S | Mexikaneschen Owend | Rippweiler | Club des jeunes Rippweiler |

**Ouverture des bureaux de l'administration communale d'Useldange**

**Secrétariat** M. Marc Thill
Sur rendez-vous

**Population** Mme Maggy Waltzing
Lundi : 14h00 – 19h00
Mardi/Mercredi/Jeudi : 08h00 – 11h30
Vendredi : 13h00 – 17h00

**Service technique** M. Marc Ferber, Zwanck Tom
Sur rendez-vous

**Recette** Mme Tessy Ferber-Anen
Sur rendez-vous

**Redacteur** M. Pit Lang

www.useldeng.lu